

# *Walpréifsteng fir den Enseignement secondaire*

## **vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP**

<b>VOLET A : PRINZIPIELL .....</b>	<b>3</b>
Fro 1 : Engagement fir Är Äntwerten .....	3
<b>VOLET B: SCHOUL &amp; SCHÜLER .....</b>	<b>4</b>
Fro 2: Verschidden Evaluatiounssystemer.....	4
Fro 3: Ënnerschiddlech Krittäre bei Ofschlossdiplomer.....	6
Fro 4: Schoulformen.....	8
Fro 5: Dossiers de vacances .....	11
Fro 6: Méisproochegkeet.....	13
Fro 7: Promotiounskrittären am ESG .....	16
Fro 8: Differenzéierung am ESG .....	18
Fro 9: Evaluatioun an der Formation professionnelle .....	20
Fro 10: Transparenz bei Amenagementer .....	22
Fro 11: Zuel vu Sektiounen am Lycée .....	24
Fro 12: Gesondheetlechen Encadrement an de Lycéén.....	26

## VOLET C: AARBECHTSKONDITIONE VUM ENSEIGNANT ..... 27

Fro 13: Haaptverhandlungspartner.....	27
Fro 14: Reegelméisseg Entrevuen .....	28
Fro 15: Notzung vum CET .....	29
Fro 16: Ofschafe vum Facteur 36/52 .....	30
Fro 17: Valorisatioun vum Beruff.....	31
Fro 18: Penuriebekämpfung .....	33
Fro 19: Stärkung vum Fonctionariat beim Recrutement .....	34
Fro 20: Ënnerstëtzung bei Amenagementer .....	35
Fro 21: Affektatiouns- bzw. Mutatiounsprozedur.....	37
Fro 22: Sproochentester.....	38
Fro 23: Aarbechtsmaterial.....	39
Fro 24: Moralesch Unerkennung .....	40

### **Bemierkung:**

*Bei der Géigeniwwerstellung vun den Äntwerte vun deenen eenzele Parteien op eise Froekatalog hu mir eis op déi 8 Parteien beschränkt, déi laut rezente Sondagen eng realistesch Chance hunn, bei de kommende Parlamentswahlen an d'Chamber gewielt ze ginn.*









*Fir d'Reiefolleg vun de Parteien hu mir hir jeweileg Lëscht Nummer geholl: 1. LSAP, 2. DP, 3. Déi Gréng, 4. CSV, 5. Déi Lénk, 6. ADR, 7. PIRATEN, 8. FOKUS.*

*D'Äntwerte vun der Partei VOLT, vun där mir och e Retour op eise Froekatalog kruten, kënnen ënnert deem folgende Link opgeruff ginn: [Änwerte vu VOLT](#)*

## VOLET A : PRINZIPIELL

### Fro 1 : Engagement fir Är Äntwerten

*Engagéiert Dir iech – onofhängeg dovun, ob Är Partei no de kommende Chamberwale wäert an der Regierung oder an der Oppositoun vertruede sinn, an onofhängeg dovun, ob Är Partei den Educationminister stelle wäert – iech fir déi Positiounen, déi Dir duerch d'Beäntwere vun de Froen aus dësem Froekatalog anhuel, an där kommender Legislaturperiod anzesetzen?*

	Jo.
	Fir d'Demokratesch Partei ass et evident, dass mir eis och an der Chamber voll a ganz dofir asetzen, dass eise Programm ëmgesat gëtt.
	Jo, mir engagéieren eis dofir.
	JO
	Jo.
	Jo!
	JO
	Jo, zu 100%




## VOLET B: SCHOUL & SCHÜLER

### Fro 2: Verschidden Evaluatiounssystemer

**Fannt Dir et problematesch, dass et am gesamten Enseignement (esouwuel am Fondamental par rapport zum Secondaire, ewéi och am Secondaire selwer) esou vill verschidden Evaluatiounssystemer gëtt?**

**Falls jo, wéi géift Dir dat wëllen änneren?**

	<p>D'LSAP setzt sech erfir an, de ganzen Evaluatiounssystem am Fondamental an am Secondaire z'iwwerdenken, fir de Schüler:innen e beschtméiglechen Iwwerbléck iwwert hier Kompetenzen, Fortschrëttler a Lacunen/Retarden ze ginn. An engems dierf d'Evaluatioun fir den Enseignant keen weideren administrativen Opwand bedeiten. Mir viséieren derniewt eng Revisioun vun de Promotiounskrittären a mir analyséieren d'Méiglechkeeten fir dës op mannst zum Deel ze harmoniséieren.</p>
	<p>D'Evaluatioun ass engersäits dofir do, fir ze iwwerpräiwen op de Schüler d'Kompetenzen erreicht huet, déi am Plan d'Etudes am Fondamental, respektiv an de Programmer vum Secondaire virgesi sinn, a fir anersäits dem Schüler a sengen Elteren en klore Feedback iwwer d'Leeschtung, d'Progressioun an d'Stärkte vum Schüler kënnen ze ginn. Et ass dofir normal, dass d'Modeller vun der Evaluatioun ënnerschiddlech kënnen sinn, en Funktioun vun dem Fach, dem Ordre d'Enseignement oder och dem Alter vun de Schüler.</p>
	<p>Déi gréng maache sech scho laang dofir staark, dass bei der Evaluatioun den Accent verstärkt op d'Kompetenzen an d'Stärkte vun de Schüler*inne geluecht gëtt. Mir wëllen eis och an Zukunft dofir asetzen, fir dëse Prinzip nach auszebauen. Gläichzäitig si mir eis bewusst, dass et eng méiglechst objektiv Grondlag muss ginn, fir d'Erreeche vun den néidege Kompetenzen ze moossen. Nëmme sou kënnen déi Jonk, hir Familien an d'Enseignanten aschätzen, wéi eng Leeschtunge mussen erbruecht ginn a wéi eng Kompetenzen erreicht goufen. Well mir eis bewusst sinn, dass dës Iwwerleeungen eng grouss Auswierkung op de ganze Fonctionnement vun der Schoul hunn, wëlle mir d'Evaluatioun an hir eventuell Harmoniséierung als Deel vun enger méi déifgräifender Reform vum Schoulsystem mat Vertrieeder*inne vun allen Acteuren aus dem Bildungssystem diskutéieren.</p>
	<p>Am Sënn vun enger zukunftsorientéierter Bildungspolitik setzt d'CSV sech a fir eng modern a staark öffentlech Schoul mat Upassunge vu Curriculum, Methodik an Evaluatiounsmethoden vun der Grondschoul bis zum Ofschluss vum Secondaire.</p> <p>Am Spezielle gesi mer vir, den Iwwergang vum Fondamental an de Secondaire ze vereinfachen, andeems vum Cycle 4 un a parallel zum besteende System nees d'Benoutung mat Punkten agefouert gëtt.</p>
	<p>Jo dat ass problematesch.</p> <p>Mir géingen en eenheetleche System aféieren, deen net op Notte baséiert. Dat ass natierlech net sou einfach, well och d'Bilan'en esou wéi se am Fondamental gemaach ginn, net transparent an och net gutt verständlech si fir d'Elteren. En plus, ass den Opwand fir d'Enseignement hei immens grouss. Mir fannen awer dass den Evaluatiounssystem wéi en am Fondamental funktionéiert dee richtegen Usaz ass. Dorop muss een opbauen. Fir e gerechten Evaluatiounssystem op d'Been ze setze missten d'Enseignanten, Pedagogen, mee och Fuerscher am Beräich vun der Soziologie an den Educationswëssenschafte mat an d'Boot geholl ginn.</p>

	<p>De Schoulsystem, d'Zensuren an d'Orientéierung mussen erëm einfach, kloer a verständlech ginn. Aktuell hu mir säiteweis Bilanen an eng Orientéierung, déi kee méi versteet, an eng Zerspléckung vum Schoulsystem, wou kee méi duerchbléckt. Mir mussen erëm zeréck zu engem méi eenheetleche Schoulsystem mat Zensuren, déi iwwersiichtlech an einfach ze verstoe sinn, dëst mat engem kloeren a liicht verständleche Punktesystem op 60 Punkten. Mir mussen zeréck zu kloerem Krittären, déi Elteren a Schüler verstinn.</p>
	<p>Evaluatiounssystemer sollen et de Kanner an den Elteren erméiglechen, iwwert de schoulesche Kenntnisstand vun de Schüler:innen informéiert ze ginn a gläichzäiteg weisen, wou Fortschrëtter gemaach goufen an wou et nach Potenzial fir Verbesserung gëtt. Aktuell si vill verschidden Evaluatiounssystemer an der Lëtzebuurger Schoullandschaft ze fannen an hier Vir- an Nodeeler hunn sech um Terrain an de leschte Joren däitlech gewisen. Elo wier et also un der Zäit e Bilan ze maachen. Mathëllef vu Stéchprouwe vu Schüler:innen, Elteren an Enseignantë sollt ermëttelt ginn, wéi eng Systemer wéi um Terrain ukommen. Bei wéi engem System gesinn d'Elteren am beschten, wou hier Kanner stinn, wat encouragéiert d'Schüler:innen am meeschten a wat hält och d'Schoulpersonal fir pedagogesch sënnvoll?</p> <p>Villverspriechend kéint z. B. e System sinn, dee Punkten (fir eng séier éischt Aschätzung vum Kenntnisstand) mat engem detailléierte periodesche Bilan (fir e méi breet Verständnis vun de Kompetenzen) verbënnt, mee dat gëllt et nach ze evaluéieren. Als basisdemokratesch Partei sinn d'Piraten der Meenung, dass en eenheetlechen a sënnvolle System just mat deene Leit ausgeschafft ka ginn, déi och direkt dovun betraff sinn. Gemeinsam sollt een en eenheetlechen Evaluatiounssystem fir de Lëtzebuurger Enseignement ausschaffen, deen den Erausforderunge vum Terrain wierklech gerecht gëtt, an net just punktuell Mesuren aus dem Ausland kopéiert, déi sech net 1-zu-1 op Lëtzebuerg iwwerdroe loossen.</p>
	<p>Jo dat ass immens problematesch. Mir fuerderen ab dem Cycle 2 een System mat Punkten, deen sech dann iwwert déi ganz schoulesch Karriär zitt.</p>

### Fro 3: Ënnerschiddlech Krittäre bei Ofschlossdiplomer




***D'Ofschlossdiplomer, déi vun deenen öffentlechen internationalen an europäesche Schoulen am Secondaire ausgestellt ginn, ginn an als Equivalent zum traditionellen Diplôme de fin d'études secondaires ugesinn, dëst trotz deels gravéierenden Ënnerscheeder bei de Bewäertungskrittäre an deementspreechend och beim Niveau. Géif Är Partei sech dofir asetzen, dëst ze änneren, esou dass d'Ufuerderunge fir een Ofschlossdiplom ze kréien an all System gläichwäerteg ginn?***

	<p>D'LSAP setzt sech dofir an, déi zwee Systemer beieneen ze féieren. Passerellen vun der öffentlecher Europaschoul an d'Lycéeën vun der Reegelschoul mussen assuréiert ginn. Besonnesch fir Schüler-innen aus Europaschoulen, déi eng Berufsausbildung maache wëllen, gesäit d'LSAP Handlungsbedarf. Mir si fir eng Evaluatioun vum Sproochenunterricht an den Europaschoulen, fir op Basis vun konkreten Daten eng eventuell Upassung virzehuelen.</p> <p>Donieft wëll d'LSAP transparent Admissiounsprozeduren fir d'Europaschoulen, fir sécherzestellen, datt Kanner aus alle sozio-ekonomesche Milieuen déi selwecht Chancen hunn an enger Europaschoul ugeholl ze ginn. D'Upassung vum Sproochenunterricht am Enseignement Secondaire ass fir d'LSAP awer och eng Prioritéit. Duerch Pondérationen an/oder verschiddene Sproocheniveauen soll verhënnert ginn, datt eng Sprooch eng grouss Barrière fir déi schoulesch Carrière vu Schüler-innen duerstellt.</p> <p>Et ass évident, datt eng Reform vum Sproochenunterricht awer net zu engem Kompetenz-a Qualitätsverloscht féieren dierf.</p>
	<p>D'Programmer vun den Europaschoule sinn allgemeng als qualitativ héichwäerteg an usprochsvoll unerkannt. Éischt Resultater bei den Epreuves Standardisées weisen, dass d'Schüler aus den öffentlechen Europaschoule vun hire Resultater op engem Niveau leien, tëscht dem Enseignement Général an dem Enseignement Classique. Wat normal ass, well et sech bei den Europaschoulen em Gesamtschoulen handelt. D'DP wäert de System vun den Epreuves Standardisées weider notze fir d'Vergläichbarkeet vun de Programmer ze iwwerpräiwen.</p> <p>D'DP erënnert awer och dorunner, datt et zanter 70 Joer eng Europaschoul zu Lëtzebuerg gëtt, déi mam Baccalauréat européen ofschléisst. Bis ewell gouf de Niveau vun där Ausbildung vu kenger Säit ugezweiwelt an d'Equivalenz zu allen aneren nationalen Ofschlossdiplomer ass duerch eng europäesch Konventioun gereegelt.</p>
	<p>D'Kompetenzufuerderungen a wéi se an der Praxis erreecht ginn, dat sinn zwee vun den Aspekter, déi mir an enger onofhängeger, wëssenschaftlecher Evaluatioun vun dem neie Schoulmodell wëlle prioritär ënnersiche loossen. Natierlech wëlle mir eis op dëser Basis dofir asetzen, dass un des Schüler*innen méiglechst gläichwäerteg Ufuerderungen gestallt gi wéi un déi aus den traditionelle Schoulen. Grondsätzlech si mir eis awer bewosst, dass och den traditionelle Schoulsystem ëmmer méi Schwieregkeeten huet, fir virum Hannergrond vun der wuessender Diversitéit vun eiser Bevëlkerung sécherzestellen, dass déi gefuerdert Kompetenzniveauen effektiv erreecht ginn – dat weist ënnert anerem de leschte Bildungsbericht. An dem Sënn wëlle mir eis op Basis vun de wëssenschaftlechen Evaluatioune fir déi néideg Verbesserungen a béide Schoulformen asetzen.</p>
	<p>D'CSV ass generell géint e Bradéieren vun den Diplomer. De Bac européen vun den Europaschoulen ass een europawäit unerkannten Diplom a kann dofir net vu Lëtzebuerg als solchen a Fro gestallt ginn. Eng Equivalenz fir den Antrëtt an de lëtzebuergesche Schoulsystem als Enseignant ass an eisen Aen net méiglech.</p> <p>D'CSV trëtt allerdéngs dofir an, dass d'Schüler an d'Eltere méi kloer iwwer den Niveau vun deene respektiven Diplomer informéiert ginn</p>




<p>déi Lénk</p>	<p>Jo.</p>
	<p>Jo, d'Fächer sinn och verschidden an et besteet eng fundamental Ongerechtegheet, well d'Schüler an eiser classescher ëffentlecher Schoul ee Joer méi maachen, bis si hiren Ofschloss hunn (mat 19), wéi d'Schüler an den internationale Schoulen (mat 18).</p> <p>Déi Schüler aus den internationale Schoule wäerten och vu vieren an eng ageschränkte Berufswiel hunn ouni Accès op d'Fonction publique a Beruffer wéi z. B. Léierin oder Polizist, sou wéi och vill aner Plazen, wou een hei zu Lëtzebuerg déi dräi administrativ Sproche muss beherrschen. Dëst misst den Elteren an den Hochglanzbroschüre vum Ministère éierlech an transparent matgedeelt ginn.</p> <p>D'ADR ass generell géint déi Spléckung vun der Schoul respektiv vum Schoulsystem. Mir wëllen éischer op de Wee goen, fir déi classesch ëffentlech Schoul nees ze stäerken, a si als dat dohistellen, wat si ass: en Erfollegsmoedell, deen Integratioun an Zesummenhalt garantéiert, eng gutt Bildung férdert, an dat mat guddem, motivéiertem Léierpersonal. Aner Schoulmodeller an déi sougenannten neimoudesch ëffentlech "international" Schoule sollen op Ausname begrenzt ginn, z.B. fir Leit, déi just eng kuerz Zäit am Land sinn.</p>
	<p>Innerhalb vun der europäescher Unioun ginn et an de verschiddene Länner vill verschidde Bildungssystemer, mat zum Deel och ganz verschiddene Krittären, fir en Diplom mat enger allgemenger Héichschulzougangsberechtegung ze erhalen. A Länner wéi Däitschland ënnerscheeden sech d'Krittäre souguer innerhalb vum Land nach emol vu Bundesland zu Bundesland. D'Pirate wëilten de Sujet vun enger Harmoniséierung vun de Bewäertungskrittäre bei Diplomer dofir léiwier um europäeschen Niveau ugoen. An Zäiten, wou vill Student(inn)en dovu profitéieren, während hirem Studium verschidden Universitëiten an Europa ze besichen, schéngegt eng international Vereenheetlechung vun den Diplomer, déi fir esou e Studium néideg sinn, méi noutwenneg wéi eng national Upassung.</p>
	<p>Jo absolut. Allgemeng stéieren eis d'Parallelwelten, déi mat den internationalen Schoulen entstinn: beim Bewäertungssystem, beim Rekrutement vun Enseignanten, bei den Arbeitskonditiounen vun den Enseignanten, bei den Orientéierungsprozeduren....</p>


## Fro 4: Schoulformen

**Wie stitt Dir dozou, dass an deene leschte Jore just nach international Schoulen opgemaach goufen, a keen eenzegen traditionelle Lycée méi?**

	<p>D'Aféierung vun den ëffentlechen Europaschoulen ass eng Äntwert op e bedeitende Besoin an eiser Gesellschaft: fir vill Kanner a Jonker mat auslänneschen Originen stellen déi sproochlech Ufuerderungen eng immens Hürd an der schoulescher Carrière duer. Am Sënn vun der Bildungsgerechtegkeet kënnen déi international Schoulen aktuell eng valabel Alternativ fir bestëmmte Schüler:innen duerstellen. Allerdéngs sin se net fir all Schüler:in de richtege Choix, z.B. wann eng akademesch Carrière net a Fro kënn, well déi international Schoulen éischter fir en akademesche Parcours ausgeriicht sinn. D'LSAP well die international Schoulen an d'Regelschoul uneneen eru féieren, fir ëffentlech Schoulen ze hun, déi de Besoinen vun alle Schüler gerecht ginn.</p> <p>Engersäits wëlle mir die positiv Erfahrungen aus den internationale Schoulen an der Regelschoul iwwerhuelen. Anerersäits werte mer Passerellen vun der ëffentlecher Europaschoul an d'Reegelschoul, an notamment an d'Berufsausbildung ze garantéieren, a gläichzäiteg och déi lëtzebuenger Sprooch als Integrationsfacteur an den internationale Schoulen stärken.</p>
	<p>D'DP huet sech an de lëschte Jore staark fir d'Entwécklung vun der schoulescher Offer engagéiert. Dat esouwuel am Enseignement Secondaire Classique, wéi och am Enseignement Secondaire Générale. Esou konnten, dacks och op Initiativ vu Schoulen an Enseignanten nei Sektioneen entstoen. Och an der Berufsausbildung huet sech d'DP esouwuel fir nei Formatiouneen, ewéi och fir d'Moderniséierung vun de besteenden Ausbildungen agesat. An Regiounen, wou d'Kapazitéite vun de besteende Gebaier un hier Grenze gestouss sinn, huet d'DP sech dofir agesat, dass Extensioune geplangt a gebaut gi sinn.</p> <p>Säit Joerzénge kritt Lëtzebuerg an nationale wéi och internationalen Etudë virgehale, dass Kanner mat Migrationshannergrond an aus sozial méi schwache Milieuen an eisem Schoulsystem ënnert d'Rieder kommen. Gläichzäiteg ass de Feedback vun den Enseignanten aus de Schoulen a Lycéeën däitlech: d'Diversitéit vun der Schoulpopulatioun stellt si viru grouss Erausforderungen. Dofir war et méi wéi néideg, dass Lëtzebuerg déi europäesch Programmer an den ëffentlech Schoulsystem opgeholl huet. Well bis elo konnte just Kanner vu räichen Elteren sech dëst an de Privatschoule leeschten.</p> <p>An de leschte Joren, hunn eis Grondschoulen a Lycéeën pro Joer Ronn 4.000 Schüler missen integréieren, déi hir Schoulkarriär an engem anere Land ugefaangen hunn. DP ass der Meenung, datt Lëtzebuerg mat den ëffentlechen Europaschoulen däitlech besser do steet, fir dëser Aufgab am Interessi vun deene betraffene Schüler an och am Interessi vun eisem Land nozekommen. Och eis traditionell Grondschoulen a Lycéeën si gewinnt mat enger ganz diverser Schoulpopulatioun ze schaffen. Allerdéngs däerfe mer se dobäi weder iwwerforderen, nach eleng loossen.</p>
	<p>Als Deel vun der Regierung hu mir d'Erëffnung vun den ëffentlechen internationale Schoule mat gedroen, well si eiser Usiicht no e Schrëtt sinn a Richtung vun enger néideger Weiderentwécklung vun der ëffentlecher Schoul zu Lëtzebuerg, virun allem wat de Sproochenunterricht ugeet. De groussen Zoulaf vun deenen neie Schoule weist, dass et eng grouss Demande dofir gëtt. Mir hunn dës Projeten an der Chamber matgestëmmt, well et sech hei ëm ëffentlech Schoulen handelt, déi wéi déi traditionell Schoulen och gratis sinn an alle Kanner opstinn. Mir hunn dat och gemaach, well mir ouni eng Weiderentwécklung de Risiko gesinn hunn, dass ëmmer méi Elteren, déi sech et leeschte kënnen, hir Kanner op Privatschoule schécken an et also an dem Sënn zu enger wierklecher Privatiséierung vun der Schoullandschaft kënn.</p>



	<p>Fir den Zesummenhalt an eisem Schoulsystem och an Zukunft ze erhalen an ze stärke wëlle mir an der nächster Legislaturperiod och den traditionelle Secondaire op de Leescht huelen. Déi international Schoulen, déi et haut scho ginn, wëlle mir konsequent evaluéiere loossen an dobäi e besonnesche Fokus op d'Kompetenze vun de Schüler*innen, d'Inklusivitéit vun dese Schoulen an d'Rekrutéierungs- an Aarbechtskonditioune vum Personal leeën. Op der Basis vun de Verbesserungen an den internationalen an den traditionelle Schoule kënnen mir eis längerfristeg e Rapprochement vun deenen zwee Systemer virstellen, fir den Zesummenhalt vun der Bildungslandschaft ze garantéieren an déi positiv Aspekter vu béide Schoulforme mateneen ze verbannen.</p>
	<p>D'CSV ass géint e weideren Ausbau vun der Parallellwelt, déi duerch déi vill international Schoulen entstanden ass.</p> <p>D'CSV ass fir eng Stärkung vun de classeschen öffentleche Schoulen mat enger ëmfaassender Reform vum Sproochenunterricht.</p>
<p>déi Lénk</p>	<p>Mir gesinn dat immens kritesch. Mir hunn och an der Chamber iwver eng Motioun d'Regierung dozou opgefuerdert keng weider International Schoule méi opzemaachen, bis d'Evaluatioun vun deem System gemaach ass an eng gréisser Debatt iwver des Resultater stattfonnt huet. Falls den internationale System sech a verschidde Hisiichte positiv bewäert souwuel fir Kanner deenen hir Mammesprooch Lëtzebuergesch ass wéi och fir Kanner déi aner Sproochen doheem schwätzen, da misst dese System eigentlech op d'Reegelschoul applizéiert ginn.</p>
	<p>D'ADR wëll méi traditionell Lycéeën a manner international Schoulen an ass generell géint déi Spléckung vun der Schoul respektiv vum Schoulsystem oder -modell. Mir sinn der Meenung, datt den neimoudeschen "Bashing" vun der classescher öffentlecher Schoul muss ophéieren. Mir wëllen déi classesch öffentlech Schoul stärkeken a si als dat dohistellen, wat si ass: en Erfollegsmoedell, deen Integratioun an Zesummenhalt garantéiert, eng gutt Bildung fërdert, an dat mat guddem, motivéiertem Léierpersonal. Aner Schoulmodeller sollen op Ausname begrenzt ginn, z.B. fir Leit, déi just eng kuerz Zäit am Land sinn.</p> <p>D'Schoul ass nämlech de wichtegsten Acteur fir Integratioun a sozial Kohäsioun an de Garant fir d'Lëtzebuergesche Sprooch an d'Méisproochegkeet. Grad an engem Land wéi Lëtzebuerg, wou esou vill Ausländer liewen, ass déi gemeinsam öffentlech Schoul immens wichteg fir de sozialen Zesummenhalt, d'Integratioun an d'Chancëgläichheet. D'Integratioun vun de villen Ausländer ass an de leschte Jorzéngten nëmmen esou gutt gelongen dank enger staarker gemeinsamer öffentlecher Schoul mat gudder Léierinnen a Schoulmeeschteren. International Schoule bedeiten dogéint Segregatioun an Ongerechtegkeet.</p> <p>Fir datt d'öffentlech Schoul eng Plaz ass, wou eis Gesellschaft zesumme fënn, sollen all d'Kanner gemeinsam an de Klasse vun der öffentlecher Schoul sinn. Si solle gemeinsam Erfarunge maachen an austauschen, an zesumme léieren, och ee vun deem aneren.</p> <p>An den internationale Schoule gëtt déi lëtzebuergesch Dräisproochegkeet och net méi respektéiert. Bis elo ware mir houfreg drop, dass all eis Schüler méi oder manner gutt déi 3 administrativ Sproochen geléiert hunn. Dat ass elo leider net méi de Fall mat den internationale Schoulen, an deene vill Kanner kee Lëtzebuergesch schwätze kënnen an och keen oder just wéineg Däitsch léieren. Mat dese Schoule gëtt d'Regierung eis traditionell Dräisproochegkeet op. D'Politik steiert den Ament an eng Richtung ewech vun der Dräisproochegkeet an eran an de Monolinguisimus op Franséisch. Domat verléiert Lëtzebuerg en Deel vu senger Identitéit, vu senger Kultur, vu senger Kompetitivitéit a vu sengem sozialen Zesummeliewen.</p>
	<p>Kuerzfristeg kënnen déi nei international Schoulen e wichtegt Mëttel sinn, fir d'Schouloffer ze diversifizéieren. Et ginn aktuell eng ganz Rei Schüler:innen, deenen déi „traditionell“ Lycéeën net gerecht kënnen ginn, an dofir kënnen déi nei Schoulen als Mëttel gesi ginn, fir séier de verschidde Besoine vun de Kanner gerecht ze ginn. Laangfristeg dierf et awer net</p>



	<p>d'Zil sinn, de kllassesche lëtzebuergesche Schoulsystem engersäits an de System vun den internationale Lycéeën anerersäits parallel vun eneen an dat heescht och laanscht enee lafen ze loossen. E gudde Schoulsystem soll dozou bäidroen, Kanner mat verschiddensten Hannergrënn a Fäegkeeten zesummen ze bréngen - a Jonker net vu klengem un a verschidde Gruppen trennen. Eng lieweg a multikulturell Gesellschaft, wou wierklech en Austausch tëscht de Mënsche besteet, brauch Schoulen, déi dësen Austausch och schonn a jonke Joren ureegen. Mat zwee parallel lafende Schoulmodeller ass dat net esou einfach.</p> <p>Laangfristeg misst et an den Ae vun de Piraten dofir d'Zil sinn, innerhalb vun den « traditionelle » Schoulen d'Alphabetiséierung a méi wéi just enger Sproch an och a verschidde langue véhiculaires unzebidden. An ënnerschiddleche Klassen, mee ënnert engem gemeinsamen Dag, sollen d'Kanner a verschiddene Sprooche léiere kënnen. Esou kéint ee besser op hier eenzel Besoinen agoen a géif et hinnen awer gläichzäiteg erlaben, sech fir verschidde Fächer, (déi net primär d'Sprooche betreffen), och ënnertenee ze mëschen, fir esou Kontakter ze knäppen.</p>
	<p>Mir gesinn dat ganz kritesch. Fokus bekennt sech zu 100% zu der öffentlecher Schoul. International Schoulen dierfen net zu Parallelwelte féieren an deene Kanner, déi hir ganz schoulesch Karriär zu Lëtzebuerg maache, sech ausernee studéieren a liewen. Mir gleewen un d'Stärkt an d'Innovatiounskapazitéiten vum lëtzebuerger (Reegel-)Schoulsystem, fir alle Kanner déi zu Lëtzebuerg opwuessen eng Plaz ze bidden. Mir fannen déi aktuell Entwécklung dofir ganz bedenklech. Et soll eng Schoul fir all Schüler ginn.</p>

## Fro 5: Dossiers de vacances

*Bei den Dossiers de vacances, déi d'Schüler als Deel vun hirem Noexame während der Sommervakanz doheem ausschaffen (dësen Dossier zielt zu ¼ vun der Gesamtnott vum Noexamen), kann net garantéiert ginn, dass déi betrafte Schüler dës Aarbecht selwer schreiwen, besonnesch an Zäite vu KI-Programmer ewéi Chat-GPT.*

*Wär Är Partei dozou bereet, aus Ursaache vu Fairness a sozialer Gerechtegkeet d'Bewäertung vum Dossier de vacances ofzeschaffen, a just nach d'Épreuve vum Noexamen am September gëllen ze loossen?*

	<p>Déi séier Evolutioun vun KI an den Accès dozou stellen eis Gesellschaft generell, an d'Éducatioun am Speziellen, virun eng Partie Erausforderungen. Net nëmme bei den Dossiers de Vacances, mee fir all evaluéierter Leeschtung, déi net an der Schoul absolvéiert gëtt, muss de neisten technologeschen Entwécklung Rechnung droen.</p> <p>Et ass a bleift fir eis wichteg, datt d'Retarden vun de Schüler:innen opgeschafft ginn – sief et mat engem Dossier de vacances wéi bis elo, sief et mat enger aanerer Aufgab. Schüler:innen, déi fläisseg sinn, sollen och belount kënnen ginn. Och d'Summerschool bidd d'Méiglechkeet fir Retarden opzeschaffen.</p>
	<p>Déi technologesch Méiglechkeete vun der kënschtlecher Intelligenz stellen d'Schoul viru grouss Erausforderungen, déi esou wuel Adaptatiounen un de Programmer wéi och bei den didaktesche Methoden an der Evaluatioun néideg wäerte maachen. Direkt nom Opkomme vu ChatGPT, huet de Ministère ënnert dem Impuls vun der DP, d'Enseignanten, d'Elteren an déi breet Éffentlechkeet doriwwer sensibiliséiert an opgekläert.</p>
	<p>Chat-GPT an aner KI-Applikatiounen wäerten an den nächste Jore grouss Verännerungen a ville Beräicher vun eisem alldeegleche Liewen mat sech bréngen. Dofir ass et wichteg, dass d'Schüler*innen an der Schoul den Ëmgank domat léieren. Natierlech bidden dës Programmer nei Geforen, wéi Dir et undeit, woubäi et awer och net ze vergiesse gëllt, dass et am Zäitalter vum World Wide Web scho virun ChatGPT änlech Risike gouf. D'Fro vun der Chancëgerechtegkeet ass eiser Usicht no also méi komplex. Et ass jo erwisenermoosse sou, dass et och beim Léiere fir en Noexamen a beim Léiere generell en Ënnerscheid mécht, wéi gutt d'Famill an d'Ëmfeld engem Schüler oder enger Schülerin hëllef kënnen. D'Ongerechtegkeet läit also éischer heiranner, wéi an engem techneschen Outil den iwwert all Internetbrowser ze erreechen ass. An zum Schluss muss ee sech och froen, op d'Dossiers de vacances net eng Funktioun erfëllen, fir d'Schüler*innen dozou ze motivéieren, sech net réischt op de leschte Stéppel mat der Matière vum Noexamen ze befaassen. Dëst gesot verschléisse mir eis awer grondsätzlech kenger Diskussioun ëm d'Ofschafte vun den Dossiers de vacances.</p>
	<p>Am Hiblék op d'Méiglechkeete vu Kënschtlecher Intelligenz mussen d'Evaluatiounsmethoden am Allgemengen ugepasst ginn. Déi entsprechend Diskussioun muss nach gefouert ginn.</p>
	<p>Mir hunn dozou keng intern ofgeschwate Positioun. Mir géingen awer dovun ausgoen, dass d'Schüler am Secondaire grouss an al genuch misste si fir ze wëssen dass d'Fuddelen si net wäit ka bréngen.</p>
	<p>Jo. ganz genau!</p>

	<p>En Dossier de vacances ze schreiwen, huet fir déi Jonk de Virdeel, dass während dem Schreiwen d'Inhalter vum Examen och sécher all widderholl ginn. Gläichzäiteg gëtt et bei Hausaufgaben ëmmer de Problem, dass net kloer ass, wien se gemaach huet. War d'Bomi villäicht méi an d'Schreiw vum Dossier involvéiert wéi den/d' Schüler:in oder gouf et eng bezuelten Nohëllef? Dat wosst een och virun de Progrèsen net, déi d'KI-Technologie gemaach hunn, wann een sech den Dossier ugekuckt huet. Schüler:innen aus Famillen, an deene keen engem beim Schreiw vum Dossier Hëllef kann an och keng Suen do sinn, fir eng bezuelten Nohëllef, gi mam aktuelle System also scho méi laang benodeelegt. D'Opkomme vu Bots wéi Chat-GPT hunn d'Situatioun also net grondleeënd verännert. Well de Bot alle Schüler:inne gläichermoossen zur Verfügung steet, ass seng Verwendung souguer villäicht méi fair, wéi de Réckgrëff op déi traditionell Hëllef duerch Frënn a Famill. Well et beim Noexamen awer net soll drëm goen, wat d'Frënn, d'Famill oder e Bot kënnen, ënnerstëtzen d'Piraten d'Iddi den Dossier net méi an d'Berechnung vun der Nott matafléissen ze loossen. Trotzdeem soll den Dossier net ofgeschaaft ginn, mee als onbewärte Leeschtungsnoveis fir den Zougang zum Examen néideg bléiwen. Esou kéint den Dossier deene Jonken, déi léiere wëllen, weiderhin dobäi hëllef, sech op den Exame virzebereeden, während déi, wou fuddele wëllen, doraus kee Virdeel méi zéien.</p>
	<p>Jo. Allgemeng stellt déi kënschtlech Intelligenz d'Schoulen virun grouss Erausforderungen. Déi schrëftlech Vakanzearbechten, wéi och aner schrëftlech Produktiounen sinn dovun betraff. Eng méi grouss Gewiichtung Richtung mëndlech/schrëftlech Epreuven „sur place“ ass eng vun den Antworten op des Entwécklung. Et muss awer sécher gestallt sinn, datt d'Schüler déi néideg Hëllef kréien fir dës Epreuven ze meeschten.</p>

## Fro 6: Méisproochegkeet

**Wat fir eng Form soll d'Méisproochegkeet am Secondaire classique a général an Zukunft un huelen?**

	<p>D'Méisproochegkeet ass e fundamentale Bestanddeel vum Lëtzebuerger Schoulsystem an eiser Gesellschaft. D'LSAP wëll weiderhin d'Méisproochegkeet op allen Niveaue vum Enseignement fërderen an dofir suergen, datt si keng oniwerronnbare Hürd um Wee fir bei den Diplom ass. D'Méisproochegkeet soll als Beräicherung ugesi ginn, an net als Belaaschtung. Fir d'Erhale vun der Méisproochegkeet mussen d'Sproochecoursen ugepasst ginn.</p> <p>Eng Evaluatioun vum Sproochenunterricht ass néideg, déi op deem opbaut, wat aktuell en place ass, dëst awer gläichzäiteg kritesch hannerfreet a weiderentwéckelt. D'LSAP gesäit Handlungsbedarf beim Sproochenunterricht am Secondaire, dee soll haaptsächlech op de praktesche Gebrauch vun der Sprooch ausgeriicht sinn an de Schüler een Zougang zu Literatur, Kultur an Aktualitéit vermëttlen, dëst an ennerschiddleche Gewichtungen jee no Ordre d'enseignement a Sektioon. An dësem Sënn sollen och Pondératiounen an/oder verschidde Sproochenniveaue agefouert ginn, woubäi d'Standarden an d'Promotionskrittären kloer definéiert musse sinn.</p>
	<p>D'DP bekennt sech zu der Dräisproochegkeet an de Sproocheniveauën, wéi se aktuell an dem ESG an am ESC uviséiert ginn. D'DP wëll dës Niveaue net adaptéieren. Si zeechen eisen Enseignement aus, a sinn d'Basis fir duerno op enger Universitét kënnen wieder ze studéieren oder eng gutt Aarbechtsplaz an eise Land kënnen ze fannen. „Ënnerschiddlech Schoule fir ënnerschiddlech Schüler“ bedeit och de Jonke Méiglechkeeten ze ginn den Unterricht deelweis an der Sprooch ze wielen déi hinne besser läit: Bac international, europäesch ëffentlech Schoulen, verschidde Formationen mat langue véhiculaire franséisch oder englesch completéieren eis schoulesch Offer a bidden enger breeder Schülerschaft d'Chance op ee qualitativ héichwärtigen Ofschluss.</p>
	<p>Fir déi gréng ass et essentiel, fir och an Zukunft un der traditioneller Méisproochegkeet am Lëtzebuerger Schoulsystem festzehalen, well dës matentscheidend ass fir de sozialen Zesammenhalt an eiser ëmmer méi multikultureller Gesellschaft. Leider weisen wëssenschaftlech Etuden, dass hautdesdaags ëmmer manner Kanner an der Schoul déi néideg Kompetenzen an all de gefuerderte Sproochen errechen. Vill Léierschwieregkeeten sinn och zu engem groussen Deel op Sproochschwieregkeeten zréckzeféieren. Dofir si mir fest iwwerzeegt, dass de Sproochenunterricht sech weiderentwéckele muss, woubäi mir d'Leeschtungsfäegkeet an d'Chancégerechtegkeet gläichermoossen an der Vierdergrond wëlle stellen. Déi genau Ausgestaltung vun dëser Reform wëlle mir am Kader vun engem breet ugeluechten a reegelméisseg organiséierte Bildungsdësch diskutéieren. Mir si fest iwwerzeegt, dass den Erfolleg vun den néidege Mesuren nëmme sou ka séchergestallt ginn.</p>
	<p>D'Vielfalt vun de Sproochen zu Lëtzebuerg huet vill Virdeeler, si dierf am Schoulsystem awer net zu enger Barriär fir en Deel vun de Schüler ginn. An deem Sënn brauch eisen ëffentleche Schoulsystem en neit Konzept fir de Sproochenunterricht, an net einfach ee weidert Ausbaue vun den Europaschoulen. Lëtzebuerg brauch eng Ännerung vum Sproochenunterricht, fir déi ëffentlech Schoulen ze stäerken! De Sproochenunterricht an déi entspreichend Offer musse méi flexibel ausgeriicht ginn. An d'Schüler musse méi Choix kréien.</p> <p>An deem Kontext setzt d'CSV sech fir eng onofhängeg Analys vum Pilotprojet mat der Alphabetiséierung op Franséisch an den entspreichende Konsesequenze fir déi concernéiert Kanner beim Iwwergang op de Secondaire an.</p>

<p><b>déi Lénk</b></p>	<p>Egal wéi eng Form fir d'Méisproochegkeet am Fondamental gewielt gëtt, et ass wichteg dass des Form sech och am Secondaire applizéiert. Mir brauchen en eenheetlech Konzept fir d'Méisproochegkeet. Eng däitsch an eng franséisch Filière zum Beispill am Fondamental an am Secondaire wou d'Kommunikationssprooch ausserhalb vun de Fächer ëmmer Lëtzebuergesch bleift.</p>
<p><b>adr</b></p>	<p>Et wier wichteg, hei emol manner ze "reforméieren" an emol nees méi Rou an eise Schoulsystem eranzebréngen. D'Reformen hunn dacks net dat bruecht, wat versprach gouf, a verschiddener missten zum Wuel vun alle réckgäנגeg gemaach ginn. Firwat sollt e System, dee sech bewäert huet, "revolutionéiert" ginn?</p> <p>Mir wëllen de Sproochenunterricht also NET grouss änneren, mir wëllen dat erhalen, wat sech an der Vergaangenheet bewäert huet. Den "Nivellement vers le bas" muss dogéint gebremst ginn. Et ass wichteg, datt all eis Kanner Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch an Englesch léieren. Dëst war ëmmer de groussen Atout vun eisem Land, a mir sinn international fir eise Schoulsystem ëmmer bewonnert ginn. Lëtzebuurger Studente konnten z.B. besser Franséisch schreiwe wéi hir franséisch Kollegeen. Allgemeng muss mir Leeschtung erëm an de Vierdergrond stellen, Grondwëssen, Fläiss an Disziplin, Leeschtungsbereitschaft. Dobäi kann ee jo och elo schonn an de Sprooche kompenséieren an eng Sprooch ewechloossen op den héije Klassen, esou datt kee behaapte kann, datt d'Ufuerderungen un eis Jugend ze héich wieren.</p> <p>An den internationale Schoule gëtt déi lëtzebuergesch Dräisproochegkeet net méi respektéiert. Bis elo ware mir houfreg drop, datt all eis Schüler méi oder manner gutt déi 3 administrativ Sprooche geléiert hunn. Dat ass elo leider net méi de Fall mat den internationale Schoulen, an deene vill Kanner kee Lëtzebuergesch schwätze kënnen an och keen oder just wéineg Däitsch léieren. Mat dese Schoule gëtt d'Regierung eis traditionell Dräisproochegkeet op. D'Politik steiert den Ament an eng Richtung ewech vun der Dräisproochegkeet an eran an de Monolinguisimus op Franséisch. Domat verléiert Lëtzebuerg en Deel vu senger Identitéit, vu senger Kultur, vu senger Kompetitivitéit a vu sengem sozialen Zesummeliewen.</p>
<p><b>PIRATEN</b></p>	<p>Et soll net wichteg sinn, a wéi enger Reiefolg een d'Sprooche léiert, mee just, dass een se um Enn vu senger Schoulkarriär esou gutt kann, wéi et engem méiglech ass. D'Pirate sinn dofir, innerhalb vun den « traditionelle » Lycéeën d'Couren a verschiddene langue véhiculaires unzebidden. An ënnerschiddleche Klassen, mee ënner engem gemeinsamen Dag, sollen déi Jonk mat verschidde sproochleche Schwéierpunkte léiere kënnen, während si gläichzäiteg awer d'Méiglechkeet kréien, sech fir verschidde Fächer, (déi net primär d'Sprooche betreffen), och ënnerenee ze mëschen, fir esou Kontakter ze knäppen. Zil vun deem Usaz soll et sinn, den Austausch tëscht de Sproochgemeinschaften ze fërderen an deene Jonke keng Steng an de Wee ze leeën duerch Sprochebarriären.</p>
<p><b>FOKUS</b></p>	<p>An enger éischer Linn ass dat korrekt Erléieren an Beherrschen vun der Mammesprooch d'Viraussézung fir datt e Kand duerno an der Schoul kann Erfolleg hunn.</p> <p>Eng weider wichteg Piste ass d' Alfabëtisierung am „Fondamental“ op Däitsch an op Franséisch. D'Méiglechkeet vun enger Alfabëtisierung op Lëtzebuergesch an hiren Impakt op d'Léiere vun deenen anere Sprooche vun eisem System soll zousätlech gepréift an analyséiert ginn.</p> <p>Am Lycée stellen d'Sproochen nach ëmmer eng grouss Erausfuederung duer. Am Secondaire classique gesinn mir keng gréisser Reformen vir. Am Secondaire général wëllen mir awer méi Flexibilitéit fir d'Schüler beim Choix vun der „Langue véhiculaire“ an verschiddene Fächer an generell, datt Schwächten méi konsequent opgeschafft ginn. „Cours de base“ an d'„cours avancés“ sinn an onsen Aen eng Méiglechkeet fir am Secondaire général cibléiert d'Sproochen ze enseignéieren an Schwächten ze verbesseren. Dese System muss awer méi eenheetlech ëmgesat ginn, well des Coursen jee no Lycée ënnerschiddlech organiséiert ginn.</p>

	<p>Et gëllt generell: Schüler solle jee no Fach a Leeschtungsgrad zesumme kommen a gefërdert ginn. Dofir brauchen d'Schoulen méi Ressourcen fir personell an réimlech déi néideg Kapazitéiten ze hunn. Flexibelen Choix vun der Sprooch an den Niewefächer, „Cours de base“/„Cours avancés“ an d'Erëm-Aféieren vum Redoublement am Cycle inf. vum ESG sinn fir ons wichteg Pisten. Donieft gëllt et d'Nohëllef weider auszebauen. Schwächen sollen dann an do opgeschafft ginn wou se festgestallt ginn.</p>
--	--

## Fro 7: Promotiounskrittären am ESG




**Déi aktuell Promotiounskrittären op deenen ënneschte Klasse vum Secondaire général loosse zou, dass e Schüler mat nëmmen zwou Notten iwwer 20/60 duerchkënn.**

**Wëllt Dir heirun eppes änneren?**

**Falls jo, wat genee?**

	<p>Fir d'LSAP mussen d'Promotiounskrittären am Cycle inférieur vum ESG reviséiert ginn. Fir d'Motivatioun an d'Perspektive vun de Jonken ass et wichteg novollzéibar a kohärent Promotiounskrittären fir de ganzen Cycle inférieur ze definéieren. D'Promotiounskrittären mussen d'Accumulatioun vu Retarden verhënneren .</p> <p>Duerfir sti mir fir en neit Nohëllef- Konzept, en adaptéierte Stonneplang an verstärkten Tutorat.</p> <p>Ausserdeem schwätzt d'LSAP sech fir eng Verlängerung vum Cycle inférieur am ESG vun dräi op véier Joer aus. Domat kréien die Jonk méi Zäit, fir sech eng gutt Basis u Kompetenzen unzëeegnen a fir sech fir eng beruflech Zukunft ze entscheeden.</p>
	<p>En Schüler am ESG ka mat enger ongenügender Nott „weider“ kommen, mee hie gëtt ëmorientéiert. Dëst war och scho virun der Reform vun den ënneschte Klassen am ESG esou, just dass dëse Prinzip elo pro Fach méiglech ass. D'DP gesäit awer d'Noutwendegkeet fir d System vun der Evaluatioun esou ze iwwerschaffen, dass d'Konsequenze vun dëser Orientéierung op säi weidere Bildungswee kloer ginn an esou ee fréizäitegt Engagement vum Schüler encouragéiert, fir datt e seng schoulesch Ziler kann erreechen.</p>
	<p>Wéi an der Äntwert op är drëtt Fro gesot sinn eventuell Upassunge bei der Evaluatioun een Aspekt vun enger ganzheetlecher Reform vum Schoulsystem, wéi mir se ustriewen a wéi mir se am Kader vun engem Bildungsdësch wëllen diskutéieren. Dobäi wëlle mir engersäits sécherstellen, dass d'Léierpersonal, d'Elteren an d'Schüler*inne Kloeerheet iwwert déi schoulesch Leeschtungen hunn. Anerersäits deele mir awer och d'Suerg, wéi se am leschte Bildungsbericht zum Ausdrock kënn, dass Redoublementer a ville Fäll net zu enger Léisung vun de Schwieregkeete bäidroen, mee éischter zu enger Verschäerfung.</p>
	<p>De „Cycle inférieur“ am Enseignement secondaire général muss op de Leescht geholl an ugepasst ginn. Dozou gehéiert, dass de Promotiounssystem muss ugepasst a méi transparent a méi verständlech gemaach ginn: Leeschtung muss méi gefërdert ginn.</p>
<p><b>déi Lénk</b></p>	<p>Jo mir wëllen d'Exigenze vun de Promotiounskrittären eropsetzen. Mir wëlle vu vir era verhënneren dass et souwäit kënn dass de Niveau vun de Schüler esou niddreg gëtt dass d'Evaluatiounskrittären no ënnen ugepasst musse ginn. Dofir wëlle mir den Tronc commun erëm aféieren. D'Gesamtschoul, dat ass ee System an deem d'Schüler*Innen net fréizäiteg an de Secondaire orientéiert ginn. Si bleiwen zesummen an enger selwechter Lafbunn, an engem Tronc commun, bis zum Schouflichtalter, also aktuell nach 16 Joer, a kënnen dann entscheeden a wéi eng spezialiséiert Filière si sech wëllen orientéieren. D'Gesamtschoul setzt viraus, dass d'Schüler de Choix vun hirer schoulescher a professioneller Orientéierung bewusst kënnen treffen, well si bis dohin den Iwwerbléck iwwer hier Kompetenzen a Preference kënnen hunn. Dofir géing an der Gesamtschoul och an Teams enseignéiert ginn, dat heescht zu e puer Enseignanten an Zesummenaarbecht mat spezialiséiertem pedagogeschem Personal dat sech ëm Schüler këmmert déi spezifesch Besoinen hunn. An der Gesamtschoul géing och effektiv a Cyclë geschafft ginn, sou wéi dat haut scho gesetzlech virgesinn ass. An an enger Gesamtschoul, ginn d'Schoulprogrammer esou ausgeschafft, dass all Schüler bis zu senge 16 Joer kann en Abléck kréien a verschidde Fächer a souwuel</p>




	<p>theoretisch Wëssen ewéi praktesch Beruffserfahrungen sammelen. Och d'Handwierk, mat Ateliers a Stagen, wär e wichtegen Deel vun dem Programm.</p>
	<p>Mir als ADR fannen dat net guut. Grad déi méi schwach Schüler solle gefuerdert ginn an d'Opweeche vun de Promotiounskrittäre muss gestoppt ginn. Den "Nivellement vers le bas" soll gestoppt ginn. Et däerf dem Schüler net vermëttelt ginn, dass hie sech net ustrengen muss, well schon de Minimum duergeet, fir sech duerch de System ze schleefen. Et kann net sinn, dass de System esou ugeluecht gëtt, dass d'Erwaardungen an Ufuerderungen einfach weider erofgeschrauft ginn, fir dass de Schüler sech net ustrengen muss a gläichzäiteg d'Unzuel vun de schouleschen Echecken net klëmmt. Mir sinn der Meenung, dass et un der Zäit ass, dass de Schüler nees Grondwëssen, Fläiss, Disziplin a Leeschtungsbereitschaft vermëttelt gëtt. D'Schüler wäerten eis dofir Merci soen!</p> <p>Dozou kënn, dass déi agefuerde Promotiounskrittären am ESG net transparent an net schülergerecht sinn. Si si schlecht. Mir sollten erëm méi op deen ale System, dee sech bewäert hat, zeréckkommen. Mat transparenten, liicht verständlechen a gerechte Promotiounskrittären.</p>
	<p>Et ass wichtig, dass Schüler:inne, wa si an enger Matière e Problem hunn, séier gehollef kréien. Gëtt e Retard par rapport zu de Matschüler:inne laang matgeschleeft, kann dësen zu engem spéideren Zäitpunkt just nach vill méi schwéier opgeschafft ginn. D'Pirate gesinn et dofir kritesch, wa Promotiounskrittären et engem erlaben, och mat ville schlechten Notten „duerch ze kommen“. Fir d'Schüler:innen heescht e Weiderkommen an en nächst Joer ëmmer, dass hier Leeschtung muss duergaange sinn. Wisou hätten si et soss gepackt?</p> <p>Insgesamt ënnerstëtzen d'Piraten dofir éischter e moduläre System, bei deem et net drëms geet Joren ze packen, mee seng Modullen all ofzeschléissen.</p>
	<p>Mir wëllen den Redoublement nees aféieren an do spillen net Notten ënner 20 eng Roll, mee déi oNotten am Allgemengen. Ongenügender am „Niveau de base“ an Ongenügender an den „Niewefächer“ müssen dozou feieren, dass een Passage an dat nächst Joer net méiglech ass, respektiv just dann wann se direkt opgeschafft ginn (cours d'appui, Vakanzenaarbecht/Noexamen).</p>

## Fro 8: Differenzéierung am ESG

**Aktuell ginn d'Haaptfächer (Mathé, Däitsch, Franséisch an Englesch) op deenen ënneschte Klassen am Secondaire général op zwee Niveauen ënnerriicht, nämlech op Niveau de base an Niveau avancé. Wärend a verschidde Lycéeën intern op enger jeeweileger Klass op zwee Niveauen ënnerriicht gëtt, hu sech aner Gebaier fir eng extern Differenzéierung entscheet, bei där d'Schüler no hirem Niveau a verschiddenen Auditoiren opgedeelt ginn.**

**Wéi stitt Dir zu dëser Form vum Differenzéierung? Géift Dir d'Differenzéierung och op aner Fächer ewéi beispillsweis d'Naturwëssenschaften auswäiten?**



	<p>Des Fro wert d'LSAP mat allen Acteuren discutéieren, fir eng zefriddenstellend Léisung ze fannen.</p>
	<p>Et war e Wonsch vum Collège des Directeurs am Kader vun der „Reform Lycée“, dass d'Lycéeën de Choix sollte behalen, op si en Konzept vun „interner“ oder „externer“ Differenzéierung wëllen ëmsetzen. D'DP steet dozou, dass d'Schoulen dës Decisioun an hirer Autonomie kënnen huelen. D'DP schléisst en änleche Modell fir d'Naturwëssenschaften net aus, wann dës Demande esou vun dem Terrain formuléiert gëtt.</p>
	<p>Inclusioun als Grondprinzip an d'Upassung un déi individuell Bedürfnisser vun all Kand si säit jeehier essentiel Piliere vun de grénge Positionen an der Bildungspolitik. Mir setzen eis dobäi wou méiglech fir eng Bannendifferenzéierung an, also fir eng Form vun Ënnerstëtzung déi d'Kanner esou vill wéi méiglech an hire reguläre Klasse léisst. Mir sinn eis natierlech bewusst, dass Inclusioun an Differenzéierung nëmme kënne geléngen, wann d'Léierpersonal nieft den néidege Kompetenzen och d'Ressourcen zur Verfügung gestallt kritt. Wann dëst assuréiert gëtt an d'Schoulorganisatioun et erlaabt, da si mir also grondsätzlech fir eng Auswäitung vun der Differenzéierung, fir den Unterrecht besser op déi individuell Besoinen unzepassen.</p>
	<p>D'Differenzéierung an 2 Niveauen vun den Haaptfächer muss sou adaptéiert ginn, dass se reell ëmsetzbar ass: D'Schoule kréien déi néidig Moyenen, fir eng extern Differenzéierung kënnen z'organiséieren.</p>
	<p>Mir sinn dofir dass d'Schüler zesummen an enger Klass solle bleiwen an do solle léieren sech géigesäiteg ze hëllefen. An der Klass sollen d'Enseignanten ze e puer kënne Schoul halen an och Ënnerstëtzung kréie vu spezialiséierten Enseignant'en am Beräich vun der Education à besoins spécifiques. Esou kënnen si och an enger heterogener Klass op déi ënnerschiddlech Besoin'en vun de Schüler agoen.</p>
	<p>Et gëtt scho Modulaire, Général, Classique, et gëtt Kompenséieren, eigentlech kann e Schüler säin eegene Wee esou maachen. Differenzéierung muss och Grenzen hunn, soss maache mir an Zukunft fir all eenzele Schüler eng eege Klass mat eenzelem Unterrecht; ausserdeem hu mir schon net genuch Léierpersonal. Dofir si mir dogéint, datt d'Differenzéierung nach weider ausgebaut gëtt.</p>
	<p>D'Piraten ënnerstëtzen d'Iddi vun engem moduläre Schoulsystem, deen et de Jonken erlabe géif, hier Stonnepläng selwer zesummenzesetzen. Als Orientéierungshëllef soll de Bildungsministère an Zesummenaarbecht mat de Beruffskummeren de Schüler:inne Modeller un d'Hand ginn, déi weisen, wéi eng Couren, fir wéi eng Ausbildung noutwenneg sinn. Esou wier et méiglech Flichtmoduller, Walmoduller a méi spéit och Spezialiséierungsmoduller unzebidden an dës och nach a Basis- an Opbaumoduller opzedeelen, fir esou an alle Fächer eng Differenzéierung unzebidden. Dobäi ass et awer</p>

	<p>wichtig, dass d'Promotionskrittären de Schüler:inne fréi kloer kommunizéiert ginn. D'Krittäre mussen einfach a verständlech sinn, esou dass jiddereen direkt verstoe kann, op wéi eng Ziler en hischaffe muss/kann. Déi Jonk mussen zu all Moment genee wëssen, wou si stinn, a wou et higeet. D'Differenzéierung ass wichtig, mee hëlleft kengem weider, wann se e System schafft, deem d'Kanner net duerchblécken. Dat reduzéiert hier Motivatioun an huet am schliëmmste Fall zur Konsequenz, dass déi Jonk hannert hire Méiglechkeeten zeréck bleiwen.</p>
	<p>Niveau de base/avancé fannen mir sënnvoll, wann d'Schüler jee no « Niveau » an de Coursen agedeelt sinn. Mat den elektronischen Klassebicher misst et haut méiglech sinn Schüler an all de Lycéeën, jee no Niveau an den Hauptfächer, anzedeelen. D'Konditioun ass, datt genuch Säll a Material zu Verfügung stinn. Dofir wëlle mir eis asetzen.</p>

## Fro 9: Evaluatioun an der Formation professionnelle

**Wéi stitt Dir zum Enseignement par modules an der Formation professionnelle an deene sëllege Modules de rattrapage, déi sech doraus erginn?**

	<p>D'LSAP ënnerstëtzt prinzipiell d'Konzept vun enger kompetenzbaséierter Evaluatioun an de de Moduler. Heibäi ass et wichteg, dass d'Promotiounscritèren novollzéibar sin a méiglechst mat deenen aus den aneren Ordres d'enseignement harmoniséiert ginn. An deem Kontext ass d'LSAP och bereet fir iwwert eng Promotion annuelle an der Berufsausbildung ze diskutieren. D'Organisatioun vun de Modules de rattrapage muss nach eng Kéier op de Leescht geholl gin mat der Perspektiv fir, a Funktioun vun den Ufuerderunge vum Modul an den organisatorésche Contrainten, ee klasséschen Ajournement, Remédiatioun während dem Joer oder, virun allem bei praktësche Moduler, a limitéierter Unzuel, ee Rattrapage iwwert ee ganz Semester unzebiden. D'LSAP ënnerstëtzt prinzipiell d'Konzept vun enger kompetenzbaséierter Evaluatioun an de de Moduler. Heibäi ass et wichteg, dass d'Promotiounscritèren novollzéibar sin a méiglechst mat deenen aus den aneren Ordres d'enseignement harmoniséiert ginn. An deem Kontext ass d'LSAP och bereet fir iwwert eng Promotion annuelle an der Berufsausbildung ze diskutieren. D'Organisatioun vun de Modules de rattrapage muss nach eng Kéier op de Leescht geholl gin mat der Perspektiv fir, a Funktioun vun den Ufuerderunge vum Modul an den organisatorésche Contrainten, ee klasséschen Ajournement, Remédiatioun während dem Joer oder, virun allem bei praktësche Moduler, a limitéierter Unzuel, ee Rattrapage iwwert ee ganz Semester unzebiden</p>
	<p>Den « Enseignement par Modules » huet d'Berufsausbildung no der Reform viru grous Schwierigkeete gestalt an un de Rand vun dem organisatoresche Kollaps bruecht. D'DP huet am Educationministère d'Reform iwwerschaaft an entschlaakt esou dass d'Unzuel vun de „Modules de Rattrapages“ organisierbar gi sinn. An deene Joren duerno konnt d'Berufsausbildung sech endlech nees op d'Entwécklung vun de Programmer an d'Qualitéit vun den Offere konzentréieren. Dëst zesumme mat de Partneren aus der Berufsausbildung.</p>
	<p>Grondsätzlech fanne mir d'Approche vu kompetenzbaséierte Module wichteg a richtig, mee gläichzäiteg si mir eis bewosst, dass dëse System och Schwächen huet, notamment am pedagogesche Suivi a fir d'Evaluatioun. Wann d'Flexibilitéit also sou grous gëtt, an et net genuch Ureizer gëtt, fir sech ze verbessern, dann ass dat an eisen Aen sécherlech e Problem, dee mir mussen ugoen. D'Moduler sinn dofir een Aspekt, dee mir am Kader vun enger méi allgemenger Opwärtung vun der Berufsausbildung wëllen am Kader vun engem Bildungsdësch diskutieren.</p>
	<p>D'CSV ass prinzipiell fir eng kompetenzorientéiert Evaluatioun an der Berufsausbildung. D'CSV ass awer och der Meenung, dass et un der Zäit wier, e kritesche Bléck op d'Berufsausbildung ze werfen a bei Bedarf déi néideg Upassungen ze maachen.</p>
	<p>Mir wëllen dëse System ofschafen.</p>
	<p>D'Modules de rattrapage gesi mir allerdéngs méi kritesch. Datt den Auszubildenden d'Méiglechkeet huet, e Modul ze widerhuelen, wann hien en net gepackt huet, schéngt eis richtig. Mir gesinn éischer e Problem bei der onvernëfteger an net sënnavoller Reegelung vun dëse Méiglechkeeten, fir Moduler nozehuelen. Et dierf an eisen Aen net méiglech sinn, datt en Auszubildenden esou eng héich Unzuel vu Moduler net gepackt dierf hunn, respektiv ze rattrapéieren huet, a säi Léierwee a -prozess, bei deenen d'Moduler openeen opbauen, einfach esou weiderféieren dierf – wéi dat bis elo de Fall ass. Dat ass einfach net seriö an et ass keng qualitativ héichwärtig Ausbildung. Den Auszubildende kann esou beispillsweis och</p>

	<p>Moduler aus dem éischte Joer zum Schluss vu sengem Bildungswee eréischt nohuelen. Et ass schlecht fir seng Ausbildung, d'Erléiere vun de beruffleche Kompetenzen an et ass an der Praxis schwiereg bis onméiglech, tatsächlech esou vill Moduler ze rattrapéieren, wéi de Maximum et erlaabt. Dofir misst een d'Frist, bannent där den Auszubildenden net gepackte Moduler nohuele muss, an och d'Unzuel vun de Modules de rattrapage méi streng limitéieren.</p>
	<p>D'Piraten ënnerstëtzen d'Iddi vun engem moduläre Bildungssystem. D'Moduller bidde jidderengem d'Fräiheet, an deem Tempo ze léieren, deem him entsprécht. Dës Fräiheet däerf awer net mat engem komplett feelende Kader an engem Mangel un kloren Ufuerderunge verwiesselt ginn. Et ass wichteg, dass d'Leit bei hirer Ausbildung esou begleet ginn, dass si den Aarbeschtsufuerderunge kënnen gerecht ginn.</p>
	<p>D'Handwierksausbildung ass eng bewosst Orientéierung an Entscheidung – net deem leschte schouleschen Auswee. Nëmme sou kritt déi handwierklech Ausbildung deem gesellschaftleche Wäert, deem hir zousteet, an nëmme sou gi Schülerinnen a Schüler motivéiert, fir eng handwierklech Karriär unzestriewen.</p> <p>D'Unerkennung an den Oflaf vun der Formatioun hunn ënnert de ville Reformen an de leschte Joere staark gelidden. Virun allem déi automatesch Promotioun am Cycle inférieur huet zu villen schlechten Orientatiounen op 5ème gefouert. An der Handwierkerausbildung bleiwen d'Bewäertungs- a Promotiounssystem Deels ëmmer nach oniwwersiichtlech a komplizéiert. Eng éierlech Bewäertung vun der ganzer Formatioun mat den Acteure vum Terrain a Vertrieeder aus der Aarbechtswelt ass néideg. Datt Schüler haut an Coursen setzen an neicht méi schaffen müssen/wëllen, well se de Cours d'Joer virdrun schon gepackt hunn, ass keen acceptablen Zoustand. All Cours muss säin Wäert halen an och wann en schon gepackt gouf, muss een Leeschtungsnouweis stattfannen, deem och mat an d'Joresbewäertung afléisst.</p>

## Fro 10: Transparenz bei Amenagementen



*Vill Schüler kréien opgrond vu spezifesche Besoinen e sougenannten „Aménagement raisonnable“ accordéiert. Konkret bedeit dëst, dass déi betraffe Schüler beispillsweis méi Zäit kréie fir d'Prüfungen ze schreiwen, während de Prüfungen technologesch Hëllefsmëttel benotzen däerfen oder esouguer ganz vu verschiddenen Epreuven dispenséiert ginn. Am Fall, wou déi betraffene Schüler beim Ofschlosssexame fräiwëlleg op dës Hëllef, déi si jorelaang virdu genotzt haten, verzichten, ass op hirem Ofschlossdiplom net vermierkt, dass si am Laf vun hirem Schoulparcours jeemoools spezifesch Amenagementen an/oder Hëllefsmëttel an Usproch geholl haten.*

*Fannt Dir dat fair a gerecht vis-à-vis vun deene Schüler, déi zu kengem Moment vun hirer Schoulkarriär spezifesch Hëllefsmëttel genotzt hunn an/oder aner Faveure kruten?*

*Falls net, géift Dir iech dofir asetzen, dass um Ofschlossdiplom kloer an däitlech vermierkt gëtt, wann e Schüler am Laf vu deene leschten dräi Schouljoer virum Ofschlossdiplom „Aménagements raisonnables“ an Usproch geholl huet?*

	<p>Fir d'LSAP stellt Aménagement raisonnable keng Faveur duer, mee eng fair a gerecht Kompensatioun vun engem inherenten an offiziell diagnostizéierten Defizit. Et handelt sech ëm eng Upassung vun de Prüfungskonditiounen, fir déijéineg Schüler-innen, déi et brauchen – dofir duerchlafe si eng entspreichend Prozedur. D'LSAP fënnt et net sënnvoll um Diplom ze vermierken, wa Schüler-innen en Aménagement raisonnable an Usproch geholl hunn, ausser et ass am Interessi vun därjéineger Persoun.</p>
	<p>Dës Fro huet d'FÉDUSE a Reunioun mam Educatiounsministère abordéiert. D'Léisung déi fonnt ginn ass, besteet doranner, dass d'Schüler vun enger Ofschlossklass (1ère) virum dem Ufank vum Joer mussen uginn, op si wëlle vun Amenagementen profitéieren. Wann dat de Fall ass, ginn dës Amenagementen och um „Complément au Bulletin“ markéiert. Domat ass eng Léisung fonnt ginn, déi transparent a gerecht ass.<sup>1</sup></p>
	<p>Wéi den Numm vun den „aménagements raisonnables“ et seet, sollen dës Hëllefstellungen keen onfaire Virdeel verschafen, mee am Géigendeel Nodeeler fir déi d'Kanner näischt kënnen, wou méiglech, kompenséieren. Et geet hei ëm justifizéiert Upassungen, déi vun enger offizieller Kommissioun geneemegt ginn. Am Sënn vun der Chancegerechtegkeet si mir dofir net der Meenung, dass et sech hei ëm „Faveuren“ handelt, déi extra sollen ervirgehewe ginn. Dat géif eiser Meenung no net dem Prinzip vun der Inclusioun entspreichen, ëm deen et bei den „aménagements raisonnables“ geet.</p>
	<p>D'CSV schwätzt sech fir e Vermierk op deene jeeweilegen Zensuren aus.</p>
	<p>Jo mir fannen dat richtig.</p>
	<p>Nee! Jo!</p>

<sup>1</sup> D'FÉDUSE/Enseignement-CGFP wëll heizou kloerstellen, dass dëst entgéint eise Fuerderungen ënner dëser Form eesäiteg vum MENJE esou entscheet gouf.

	<p>Wann den Ofschlossdiplom gemaach gëtt, ouni op eng Aménagements-Hëllef zeréck ze gräifen, sollt och näischt vun enger Hëllef um Diplom stoen. Wa während dem Ofschlossjoer fir d'Prüfungen op esou Hëllef zeréck gegruff gouf, da sollt dëst op de respektiven Zensure vermierkt ginn an aus dem Vermierk soll ervir goen, wéi eng Nott/Fach vun där Zensur vun engem Amenagement betraff ass.</p>
	<p>Mir deelen d'Analyse vun der FEDUSE an fuerderen, datt des Amenagementer manner oft accordéiert ginn a falls jo, dëst kloer op den Diplomer vermierkt ass.</p>

## Fro 11: Zuel vu Sektioonen am Lycée




**An deene leschte Joren ass d'Unzuel u Sektioonen esouwuel am ESC ewéi och am ESG däitlech an d'Luucht gaangen. Esou ginn et am ESG méttlerweil 15 verschidde Premiärsdiplomer, an am ESC klëmmt duerch d'Aféiere vun de Sektioone P an R ab der Rentrée 2023/24 d'Unzuel op insgesamt 11. Well net an alle Géigende vum Land all Sektiooun kann ugebuede ginn, huet net all Schüler d'Méiglechkeet fir integral op dës Offer zréckgräifen.**

**Gedenkt Är Partei d'Atomiséierung vun der Offer am Enseignement secondaire weider virunzedreiwien, oder géift Dir d'Unzuel u Sektioonen erëm reduzéieren?**

**Sidd Dir der Meenung, dass duerch d'Schafe vun ëmmer méi Sektioonen d'Vergläichbarkeet vum Wäert vum Premiärsdiplom op nationalem Niveau beaflosst gëtt?**

	<p>D'LSAP setzt sech fir e kohärent Konzept a fir eng raisonnabel Unzuel vu Sektioonen an. Déi eenzel Sektioone solle sech kloer vuneneen differenzéieren an op ee reelle Besoin opbauen.</p>
	<p>D'DP ass houfreg dorop, dass den Enseignement Général an den Enseignement Classique sech esou gutt entwéckelt hunn an deene vergaangene Joren. Andeem nei Sektioone geschafe goufen, konnt eis Schoul och op nei gesellschaftlech Ufuerderungen a Realitéite reagéieren. Domadder huet och déi traditionell Lëtzebuerger Schoul sech weiderentwéckelt a moderniséiert. Oft waren et d'Initiativë vun Enseignanten um Terrain déi dozou gefouert hunn, dass eng nei Sektiooun entstanen ass, oder d'Lycéeën an hirer Autonomie eng Sektiooun ofgeännert hunn. D'DP ass der Meenung, dass dëst eng Valoriséierung vun der Aarbecht ass, déi an eise Lycéeë geschitt, an d'Innovatiounskraaft vun eise Lycéeë weist. Fir de Schüler ass et en zousätzleche Choix, deen hien huet, fir sengen Talenter an Interesse kënnen nozegoen.</p> <p>D'DP wëll an deem Zesammenhang just dorun erënneren, dass den initiale Plang vun der Reform Lycée wéi en 2011-2012 ënnert der CSV-LSAP Regierung ausgeschafft gi war, de Prinzip vun der Section „à la carte“ virgesinn hat, bei deem de Schüler sech seng Fächerkombinatioun hätt kënnen selwer zesummesetzen. Dës Reform wier organisatoresch net realistesch gewiescht, an hätt zu der eigentlecher „Atomiséierung“ vun dem Schoulsystem gefouert, wou eng Vergläichbarkeet vun den Ofschlëss net méi méiglech gewiescht wier. D'DP bekennt sech dofir zu dem aktuelle Modell vun de Sektioonen an der Méiglechkeet vun de Lycéeë fir dës Sektioonen an hirer Autonomie kënnen ofzeänneren.</p>
	<p>D'Diversifizéierung vun der Schouloffer innerhalb vum öffentleche Schoulsystem gesi mir an dem Sënn positiv, dass si e Wee ka si fir eng néideg Moderniséierung a fir eng Upassung un d'Besoinen an d'Interesse vun de Schüler*innen. Gläichzäiteg si mir eis awer och bewusst, dass et net zu enger wierklecher „Zersplitterung“ oder „Atomiséierung“ däerf kommen. Dofir si mir iwweezeegt, dass d'Moderniséierung vun eiser Bildungslandschaft eng vun den gréisste Prioritéite fir déi nächst Regierung muss sinn.</p>
	<p>Als CSV wëlle mir am ESC eng grondsätzlech Diskussioun féieren iwver d'Sektioonen an en Opbriechen dovun an d'A faassen. Fir eis soll et keng weider Vervielfältegung vun de Sektioone ginn. Dat ass net am Sënn vun der Chancégerechtegkeet. Virstellbar ass dogéint de Choix tëschent verschiddenen Haapt- an Niewefächer. An dat innerhalb vun engem kloer definéierte Kader.</p>
	<p>Mir géife mat der Fragmentéierung vun der Schouloffer brieche. D'Schoul ass kee Supermarché.</p> <p>Et war nach ëmmer esou dass et Sektioone goufen op deenen d'Exigence méi héich ware bei der Evaluatioun vum Premièresexamen. Dofir ass et wichteg, dass d'Schüler de richtege Choix treffe fir dass si herno net blockéiert si wann si awer herno eppes anescht studéiere wëllen,</p>



	oder en Cours de Route vun de Studien de Parcours wiesselen. Wat d'Sektiounen sech ëmmer méi spezialiséieren, wat dat herno ëmmer méi Dieren zou mécht.
	<p>Mir géingen d'Atomiséierung vun der Offer am Enseignement secondaire net weider virundreiwen, well duerch d'Schafe vun ëmmer méi Sektiounen de Wäert vun de Premièresdiplomer esouguer op nationalem Niveau ëmmer manner vergläichbar gëtt, respektiv ze ënnerschiddlech ass. Mir géifen d'Unzuel vun de Sektiounen erëm reduzéieren, well de System vu fréier huet sech schliisslech bewäert an ëmmer weider Sektioune bréinge kee Méiwäert. De System muss kloer, iwwersiichtlech a verständlech sinn.</p> <p>Jo!</p>
	<p>Fir d'Motivatioun vun de Schüler:innen ze stäerken an den Ufuerderunge vun de verschiddenen Aarbechtsfelder gerecht ze ginn, ass et wichtig, deene Jonken e gewëssene Choix ze loossen. Aktuell gesi mir awer esou eng breet Offer u Sektiounen, dass ee sech froe muss, op dës Panoplie un Optiounen nach hiren Zweck erfëllt. Wann et just drëms geet, Sektiounen opzemaachen, well se gutt klengen an et wierkt, wéi wann d'Bildungspolitik en neie Fokus géif setzen, dann ass kengem gehollef. Et ass wichtig de Jonken e Choix ze ginn, mee et ass och wichtig eng Ausbildung unzebidden, déi breet genuch ass, fir et deene Jonken ze erlaben, Feeler ze maachen a sech villäicht nach emol emzedecidéieren. Net jidderee weess als Jugendleche scho ganz genee, wat e spéider wëll ginn, an heiansdo stellt sech no enger Zäitchen och eraus, dass den Dramberuff awer net esou gutt bei ee passt wéi geduet. An da muss et méiglech sinn, nach nei Weeër kënnen ze goen. Dat geet awer nëmme, wann een net nëmme spezialiséiert Wëssen huet. Dofir brauch een och eng méi breet Basis. D'Pirate géifen dofir léiwer e System gesinn, bei deem et eng Rei Pflichtmoduller gëtt, déi unhand vun individuellen Interessen duerch Spezialiséierungsmoduller ergänzt kéinte ginn. Esou wieren d'Ufuerderunge fir jiddereen déi selwecht, et wier séchergestallt, dass jiddereen déi selwecht Basis huet dank de Pflichtmoduller an et kéint een trotzdeem den individuellen Interessen a Fäegkeete vun deene Jonke gerecht gi mat de Spezialiséierungsmoduller.</p>
	<p>Mir wëllen am Dialog mat de Lycéeën préiwen, ob eng Reduktioun vun der Unzuel vun Sektiounen Sënn ergëtt.</p>

## Fro 12: Gesondheetlechen Encadrement an de Lycéën

*An de Lycéëën hëlt d'Zuel vu gesondheetleche Besoine vun de Jugendlechen ëmmer méi zou, allerdéngs geet et meeschtens iwwert d'Fäegkeeten an d'Attributioun vum Schoulpersonal eraus, fir deenen Ufuerderunge gerecht ze ginn.*

*Ass Är Partei gewëllt dorfir ze suergen, datt an all Lycée mindestens eng qualifizéiert Persoun (Infirmière/Infirmier) heifir zur Verfügung gestallt gëtt?*

	<p>Jo. D'LSAP wëll ausserdeem dofir suergen, datt souwuel am Fondamental wéi och am Secondaire méi sozio-edukatiivt Personal sur place disponibel ass.</p>
	<p>De Fall vun engem Schüler dee spezifesch medezinesch Besoinen huet, gëtt säit 2015 an dem PAI festgehalen. De PAI ass dofir do, den Enseignant ze schützen, an ze kläre wat den Enseignant ka maachen, a wat en net ka maachen. Fir d'Lycéeë bei der Ëmsetzung vun der schoulescher Inclusioun ze ënnerstëtze wäert d'DP d'ESEB am Secondaire staark ausbauen. An deem Zesummenhang wäert och Personal um Niveau DAP agestellt ginn, déi de Schüler bei hiren aldeegleche Gestë wäert hëllefen.</p>
	<p>Datt eng qualifizéiert Persoun fir Gesondheitsfroen an de Lycéëën zur Verfügung steet, hale mir grondsätzlech fir eng gutt Iddi. Ob esou eng Persoun awer permanent sur place ass, oder fir e puer Schoulen zoustänneg ass, muss natierlech dono en Fonction vun de Besoinen an de Lycéëën a vun der Disponibilitéit vum Personal nach entscheet ginn.</p>
	<p>Well de konkrete Bedarf schwéier anzuschätzen ass, wëll d'CSV deen zesumme mat de Schouldirektiounen analyséieren.</p>
	<p>Jo.</p>
	<p>Jo, allerdéngs hu mir am Land schonn, duerch den héije Bevëlkerungszouwuess, e Manktem un Infirmieren an et ass deemno schwéier ëmzesetzen.</p>
	<p>Jo.</p>
	<p>Jo, respektiv jee no geographescher Lag vum Lycée kann och eng Persoun fir mei Lycéëën zoustänneg sinn.</p>

## VOLET C: AARBECHTSKONDITIONE VUM ENSEIGNANT

### Fro 13: Haaptverhandlungspartner

**Sidd Dir bereet, der FÉDUSE/Enseignement-CGFP hiert Resultat aus de leschte Sozialwahlen, dat si opgrond vun hirer absolutter Majoritéit als Haaptverhandlungspartner positionéiert, ze respektéieren, wann et ëm déi sektoriell Reformen a Froen aus dem Enseignement secondaire geet ?**

	<p>Fir d'LSAP ass et generell wichteg méiglechst vill Parteien an d'Boot ze huelen, dat selbstverständlech am Respekt vun der Representativitéit vun de verschiddene Gewerkschaften. An dësem Sënn sinn d'Verhandlung mat der CGFP an den affiliéierten Ënnerorganisatiounen immens wichteg mee net onbedéngt exklusiv.</p>
	<p>D'DP kuckt op eng exzellent Zesummenaarbecht mat allen CGFP-Gewerkschaften aus der Educatioun an deene vergaangenen 10 Joer zeréck. Déi sëllegen Accorden, déi dobäi entstanen sinn, temoignéieren dovun. Fir d'Zukunft setzt d'DP dofir och weiderhin op eng privilegiéiert Partnerschaft mat de CGFP-Gewerkschaften.</p>
	<p>Jo, mir sinn dozou bereet d'FÉDUSE/Enseignement-CGFP als Haaptverhandlungspartner unzëerkennen wann et ëm allgemeng Interesse vum Léierpersonal am Beräich vum Enseignement secondaire geet.</p>
	<p>Jo.</p>
	<p>Mir verhandele mat all de Gewerkschaften op gläichem Niveau.</p>
	<p>Jo, all Gewerkschaften sollten awer och gehéiert ginn.</p>
	<p>Jo.</p>
	<p>Jo.</p>

## Fro 14: Reegelméisseg Entrevuen

**Engagéiert Dir iech, fir de Fall dass Är Partei no de Walen de Ressort Educatioun an/oder Fonction publique iwwerhëlt, zu engem reellen a reegelméisseg Sozialdialog mat der FÉDUSE/Enseignement-CGFP als representative Syndikat fir den Enseignement Secondaire?**

**Konkret géif dat bedeuten, dass dee respektive Minister sech mindestens eemol pro Trimester perséinlech mat der FÉDUSE/Enseignement trifft, zousätzlech zu den Entrevue mat den héije Beamten aus deem jeeweilege Ministère.**

	<p>Jo. D'LSAP leet Wäert op de reegelméisseg Austausch mat representative Gewerkschaften.</p>
	<p>D'DP kuckt op eng exzellent Zesummenaarbecht mat allen CGFP-Gewerkschaften aus der Educatioun an deene vergaangenen 10 Joer zeréck. Déi sëllegen Accorden, déi dobäi entstane sinn, temoignéieren dovunner. Fir d'Zukunft setzt d'DP dofir och weiderhin op eng privilegéiert Partnerschaft mat de CGFP-Gewerkschaften.</p>
	<p>Jo.</p>
	<p>Jo. Lëtzebuerg brauch eng praxisorientéiert Bildungspolitik a Schoulentwécklung. An dat geet nëmmen iwwer Partizipatioun. De kontinuéierlechen Developpement vum Schoulsystem an d'Upassung dovun un eng Gesellschaft am permanente Wandel geet fir d'CSV just am Austausch mat de Leit um Terrain. Net vun uewen erof. Dofir wäert d'CSV och den Dialog vun de Schoulpartner als ee reegelméisseg Austausch institutionaliséieren an d'Vertriedunge vun de Schoulpartner stäerken.</p>
	<p>Jo. Dat selwecht gëllt fir all aner representativ Gewerkschaften.</p>
	<p>Jo, souguer méi dacks!</p>
	<p>Jo.</p>
	<p>Jo zu 100%. Den Dialog mat allen Acteuren ass eng vun eisen Prioritéiten, well mir der Meenung sinn, datt vill Problemer an Onzefriddenheeten sech haut erginn duerch een Dialog deen um Nullpunkt ukomm ass. Grad den Educatiounsminister muss mat den Gewerkschaften an allen aneren wichtege Acteuren een reegelméisseg an vertrauensvollen Dialog féieren. D'Léisen vun Problemer déi sech um Terrain stellen kann nëmmen schnell an effikass funktionéieren, wann d'Acteuren vum Terrain eescht geholl ginn. Mir fuerderen och, datt zesummen mat de Gewerkschaften an allen Parteien an der Chamber 10 Jorespläng ausgeschafft ginn, déi déi grouss Oreintéierungen vun der Schoulpolitik am Konsens festhalen. Educatiounspolitik dierf net méi eleng eng Saach vum Minister sinn a vun senger Innovatiouns- an Dialogbereedtschaft ofhänken.</p>

## Fro 15: Notzung vum CET

**Ëmmer méi Enseignantë froen un, fir déi Stonnen, déi si op hirem Zäitspuerkont (CET) ugesammelt hunn, eranzehuelen. Vill vun dësen Demandë ginn allerdéngs opgrond vu Personalmangel vun den Direktiounen refuséiert, wat déi ursprénglech Iddi vum CET ad absurdum féiert.**

**Wéi gedenkt Är Partei dësem Problem entgéintzewierken?**

	<p>Fir dëse Problem laangfristeg ze léisen, ass et noutwendeg den herrschende Personalmangel ze behiewen. An der Tëschenzäit muss vu Fall zu Fall ofgewie ginn, ob eng Demande kann accordéiert ginn oder net.</p>
	<p>Wéi tëscht dem Educationministère an der FEDUSE ausgemaach, wäert d'DP en Comité asetzen, deen dës Demanden analyséiert an eng Léisung dofir sicht, dass den Agent säi Recht op CET ka wouer huelen.</p>
	<p>D'Schwieregkeete beim Eranhuele vun den ugesammelte CET-Stonnen entspreche selbstverständlech net der Iddi vum CET a sinn dofir op laang Siicht net akzeptabel. Gläichzäiteg stinn dës Probleemer natierlech an engem enke Lien mat der Penurie u Personal am Beräich vum Enseignement. Bei der Sich no Léisung wëlle mir eis dofir op d'Behiewung vun dësem Personalmangel konzentréieren. Kuerzfristeg Ännerunge bei de Reegelunge vum CET kënne mir eis nëmme virstellen, wann d'Schoulorganisatioun bzw. d'Ofdeckung vun de Schoulstonnen net a Gefor geréit.</p>
	<p>De System vum Zäitspuerkont wäert un d'Praxis ugepasst ginn.</p>
	<p>Iwwerstonne mussen besser bezuelt ginn a gläichzäiteg muss et eng legal Limitt gi fir des Iwwerstonnen. De Personalmangel verschäerft sech nëmme doduerch dass déi Leit déi elo nach am Asaz sinn iwwerstrapazéiert ginn.</p>
	<p>Et ass eng ganz schwierig Situatioun. Op där enger Säit steet et dem Personal natierlech zou, déi Stonnen eranzehuelen. Op där anerer Säit muss den Unterrecht awer och garantéiert ginn. De Moment kënne mir dee Problem leider net léisen, et ass net realistesch. Dat wëlle mir als ADR och ganz éierlech soen.</p>
	<p>Aplaz Verspriecheunge ze maachen, déi net agehale kënne ginn, misst den CET am Enseignement nach emol iwwerschafft ginn – an natierlech misst och d'Astellungs- a Beschäftigungspolitik esou ugepasst ginn, dass iwwerhaupt net méi esou vill Iwwerstonnen ufalen, déi um CET misste/kéinte guttgeschriwe ginn. Wann et net méiglech ass, ugesammelt Stonnen a Form vun e puer fräie Stonnen oder Deeg nees eran ze huelen, da muss dat vu vir era kloer kommunizéiert ginn. Alles aneres verursaacht just Frustratioun. D'Interête vun de Schüler müssen zu all Moment Prioritéit hunn a kuerz Fräistonnen oder e puer fräi Deeg stelle leider oft e Problem duer, wann et drëms geet, d'Konitunitéit vun de Couren ze garantéieren. Trotzdeem sollt et awer weiderhi méiglech bleiwen, Iwwerstonnen ze sammelen, fir se zu engem spéideren Zäitpunkt a Form vun engem méi laange Congé (iwwert e puer Wochen/Méint, z. B. nom Congé parental oder virun der Pensioun etc.) nees eran ze huelen, well esou Absence jo besser geplangt an ersat kënne ginn.</p>
	<p>De Minister huet dofir ze suergen, datt déi Saachen déi festgehalen goufen och ëmgesat ginn. Dat ass d'Basis vun all anstänneger Zesummenaarbecht. Wann dat aus prakteschen Ursaachen net funktionéiert müssen Léisungen fonnt ginn, déi vun den Gewerkschaften matgedroen ginn.</p>

## Fro 16: Ofschafe vum Facteur 36/52

**Am Enseignement secondaire ginn all Woch ronn 10.000 Iwwerstonne gelescht. Säit der Stolkris Ufank den 1980er Jore gëtt am Berechnungsmodus fir d'Ausbezele vun der Indemnitéit fir eng Iwwerstonn e Facteur réducteur vu 36/52 applizéiert. Dësen huet als Konsequenz, dass geleschten Iwwerstonnen däitlech méi schlecht bezuelt ginn ewéi regulär geleschte Stonnen, anescht ewéi am Privatsecteur, wou Iwwerstonnen och nach steierfräi sinn.**



**Erkläert Är Partei sech dozou bereet, d'Bezuellung vun den Iwwerstonne substanzuell ze verbesseren?**

	<p>D'LSAP setzt sech dofir an d'Berechnung fir d'Ausbezele vun de geleschten Iwwerstonnen ze iwwerdenken mam Zil, datt d'Indemnitéit vun den Iwwerstonnen där vu "normale" Stonnen entsprécht.</p>
	<p>Wéi d'FEDUSE zurecht schreift, gëllt dëse Prinzip säit Joerzénge an ass en konstitutivt Element vun der Tâche vun den Enseignanten. D'DP wäert iwwer d'Remuneratioun an d'Karriär vun den Enseignanten am Kader vun dem Accord salarial diskutéieren, deen tëscht der Regierung an der CGFP ausgehandelt gëtt.</p>
	<p>D'Iwwerstonnen an hir Bezuellung gehéieren am Zesammenhang vun de generellen Aarbechtskonditiounen zu den Themen, déi mir am Kader vum Sozialdialog wëllen diskutéieren. Mir engagéieren eis dobäi, fir gerecht Léisunge fir all déi concernéiert Parteien an den Diskussiounen ze sichen.</p> <p>Grondsätzlech wëllen déi gréng sech iwwer d'Verbesserung vun der Attraktivitéit vum Enseignement an en Ofbau vum Personalmangel dofir asetzen, dass d'Zuel vun den Iwwerstonne souwuel am Fondamental wéi och am Secondaire ka reduzéiert ginn.</p>
	<p>Als CSV wëlle mir eng Diskussioun iwwer d'Bezuellung vun de geleschten Iwwerstonne féieren.</p>
	<p>Jo.</p>
	<p>Mir als ADR soen, datt Iwwerstonnen am Enseignement Fondamental a Secondaire genau esou bezuelt sollte gi wéi normal Stonnen.</p>
	<p>Wien Aarbecht leescht, muss och deementsprechend bezuelt ginn. Iwwerstonne mussen eng Ausnam sinn an dierfe keng Regel duerstellen. Wann se awer mol virkommen, sollte se mat engem erhéichte Korrekturkoeffizient bezuelt ginn.</p>
	<p>Jo.</p>

## Fro 17: Valorisation vum Beruff

*Am Laf vun deene leschte Joren ass d'Tâche vum Professor ëmmer méi grouss a méi komplex ginn an d'Responsabilitéite vum eenzelen Enseignant hu weider zougeholl. Gedenkt Är Partei, d'Karriär vum Professor erëm méi ze valoriséieren, och fir der Penurie u gutt qualifizéierten Enseignanten entgéintzewierken?*






	<p>D'Opwärtung vum Beruff vum Enseignant am Secondaire ass fir d'LSAP e Wee géint de Personalangel virzegoen, besonnesch bei den Enseignanten vun de Beruffsausbildungen.</p>
	<p>D'DP wäert regelméisseg Campagnë maache fir de Beruff vum Enseignant an der Ëffentlechkeet an op wichtige Standuerter wéi z.B der Studentefoire ze promovéieren.</p>
	<p>Natierlech ass d'Komplexitéit vum Beruff wéi och a villen anere Beräicher iwwert déi lescht Joren a Joerzénge geklommen. Gläichzäiteg si mir iwwerzeegt, dass d'Tâche vum Professor nach ëmmer en interessante Beruff ass. Weider Verbesserunge bei den Aarbechtskonditiounen, d'Wäertschätzung op der Aarbechtsplaz an am gesellschaftlechen Ëmfeld, eng gutt Fërderung a Begleedung souwéi ausräichend Personal sinn d'Punkten un deenen déi gréng wëllen usetzen, fir der Penurie ze begéinen. Och d'Aus- a Weiterbildung wëlle mir weiderentwéckelen, fir se méi fortschrëttlech an attraktiv ze gestalten.</p>
	<p>Op den Enseignant kënnt et un! D'Qualitéit vum Enseignement steet a fällt mam Enseignant. Dofir si mir als CSV der Meenung, dass den Enseignant sech nees muss kënnen prioritär op säi „Kärgeschäft“ konzentréieren: d'Schoul halen!</p> <p>Als CSV si mer och bereet, eng Diskussioun iwwer Valorisationsméiglechkeeten ze féieren, grad wéi och iwwer Stagë während der Ausbildung.</p>
	<p>Eis geet et haaptsächlech drëms de Beruff vum Enseignant/Proff erëm gesellschaftlech opzewäerten an d'Aarbechtskonditiounen ze verbesseren.</p> <p>Virop muss d'Formation vum den Enseignanten iwwerschaft ginn. De Stage ass zwar reforméiert ginn, mee en ass nach ëmmer net esou ausgeriicht dass den Tuteur vum Stage eng Begleetpersoun soll sinn. De Stage ass nach ëmmer eng einfach Epreuve a kee pedagogesch Mëttel fir op den Enseignement ze preparéieren. Da musse verschidde Statutten opgewäert gi – d'Chargéeën déi schonn e puer CDD'en accumuléiert hunn musse systematesch Zougang zu CDI'en kréien an no an no fonktionariséiert ginn. Dispense mussen ugepasst ginn an d'Altersdechargen och fir d'Chargéeën.</p> <p>D'Enseignantë musse wéi aner Beamte vum Staat Zougang zu der Carrière ouverte kréien.</p> <p>Verschidde prekär Statutte wéi den Expert-externe musse reglementéiert ginn sou dass si net abusiv agesat gi fir d'Lächer ze fëllen. Mir fuerdere scho säit längerem multi-pedagogesch Equippen an de Schouklasse a méi Raum an Zäit fir dass d'Enseignanten sech kënnen ënnert eneen austauschen a beroden. Dëst ass mat der administrativer Aarbecht déi d'Enseignanten ëmmer méi an Usproch hält, schwéier méiglech. Och d'Noutléisung vun de Quereinsteiger dréit dozou bäi dass de Beruff vum Enseignant wieder u Wäert verléiert a Leit déi de „normale“ Formationswee gaange sinn sech bei de Kapp gestouss fillen.</p>
	<p>Wat d'Schoul ugeet, weess d'Léierpersonal am beschte Bescheed, ass am beschten ausgebild, ass motivéiert an engagéiert, an hinne muss vertraut ginn. Si hu vill Autonomie verluer: duerch ëmmer méi Reformen a Bürokratie, bei der Evaluatioun, am Conseil de classe, am Conseil de discipline, duerch d'Epreuves standardiséies, duerch iwwergeuerdent Projeten, an</p>

	<p>och un Autoritéit hu si verluer. D'Roll vum Léierpersonal muss erëm vun der Politik wäertgeschätzt a gestärkt ginn. Si sollen ërem méi Autonomie an Autoritéit kréien.</p> <p>D'Penurie vun den Enseignanten ass zanter Joren e grouse Problem. Vill Enseignantë si méttlerweil an enger Deelzäittâche. Ënnert anerem den héijen administrativen Opwand esouwéi eng ëmmer méi grouss Unzuel vu Kanner mat spezifesch Besoine féieren dozou, datt d'Enseignantë sech manner op dat konzentréiere kënnen, wat hiren eigentlechen Job ass. Wéinst schlechte politeschen Entscheedungen an duerch d'Bevëlkerungsexplosioun ass et elo esou, datt vill Professere feelen. Gläichzäiteg muss de Beruff vum Enseignant rëm méi attraktiv gemaach ginn, fir datt mir méi a genuch qualifizéiert Léierpersonal kréien.</p>
	<p>De Beruff vum Enseignant war ganz vill Jore fir vill Leit en Dramberuff. An de leschte Joren huet dat sech awer lues a lues geännert an dat ass ganz schued, well et u sech guer net de Beruff selwer ass, mat deem sech ëmmer méi Leit schwéier dinn, mee éischer d'Aarbechtskonditiounen. Kanner Wëssen ze vermëttelen an hinnen ze hëllef grouss ze ginn, ass ëmmer nach eng ganz wäertvoll Aarbecht, déi vill Mënsche begeeschtert. Ëmmer méi Kanner déi spezifesch Hëllef bräichten an se awer net kréien, allgemenge Personalangel an ëmmer méi administrativ Aufgabe bréngen d'Proffen awer ëmmer méi un hier Limitten an dat schrëckt natierlech of. D'Attraktivitéit vum Beruff kann deemno nëmmen iwwert eng Verbesserung vun den Aarbechtskonditiounen gesteigert ginn. Mir brauche méi Aarbecht um Terrain a manner um Pabeier an et musse genuch Leit forméiert a Stageplazen ausgeschriwwen ginn.</p>
	<p>Fokus ass der Meenung datt den Image, deen den Enseignant aktuell an eiser Gesellschaft huet, mat Schold ass un der Pénurie, um Mangel vun Wuelbefannen an firwat net genuch Jonker sech an deen Beruff lancéieren wëllen. Den Image huet och als Konsequenz, datt den Enseignanten net méi genuch Vertrauen entgéint bruecht gëtt.</p> <p>Den Enseignant brauch een kloren an koherenten Schoulsystem: souwuel wat d'Bewäertung wéi och d'Orientéierung vun de Schüler ugeet. Vill Frustratiounen entstinn um Terrain, well een « Nivellement vers le bas » stattfënnt, well Problemer déi Enseignanten feststellen net eescht geholl ginn, well den Dialog mam Ministère net funktionéiert. Et ass een generell Gefill eng Aarbecht ze maachen déi net gewäertschätzt gëtt. Donieft hëllt den administrativen Opwand zou. Dës Problemer gëllt et unzuegoen. Mir wëllen aus voller Iwwerzeugung, datt sech den Dialogue mam Ministère nees verbessert, datt d'Gewerkschaften eescht geholl ginn, datt de Minister reegelméisseg um Terrain ass, datt laangfristeg Léisungen zesummen mat den Acteuren ausgeschafft ginn, datt d'Enseignanten um Terrain ënnerstëtzt ginn an Problemer net kleng geschwat ginn. Dozou gehéieren och Diskussiounen iwwert d'Karriär.</p>



## Fro 18: Penuriebekämpfung

*Wäert Dir bereet, eng Campagne ze lancéiere fir den Image vum Beruff vum Enseignant ze promovéieren an domat där chronischer Penurie entgéintzewierken?*

	Op alle Fall.
	D'DP wäert regelméisseg Campagnë maache fir de Beruff vum Enseignant an der Ëffentlechkeet an op wichtige Standuerter wéi z.B der Studentefoire ze promovéieren.
	Jo, mir si prett fir sou eng Campagne ze lancéieren. Gläichzäiteg si mir eis bewosst, dass et natierlech domat net gedoen ass, mee dass méi déifgräifend Verbesserungen néideg sinn, wéi mir se an der Äntwert op är viregt Fro skizzéiert hunn.
	Jo.
	Jo.
	Jo, an nieft enger Campagne muss d'Politik och erëm den néidege Respekt fir d'Léierpersonal weisen.
	Jo.
	Jo, cf. 17. Eng éierlech an authentesch Image-Campagne kéint do sëcher och zousätzlech hëllefen.

## Fro 19: Stärkung vum Fonctionariat beim Recrutement

**Engagéiert Dir iech, de Statut vum Fonctionnaire an der Educatioun ze stärken a géint eng massiv Aféierung vum Statut vum Employé, respektiv esouguer enger Privatiséierung, virzegoen?**



	<p>D'LSAP setzt sech kategorieesch géint all Versuch vun enger Privatiséierung an.</p>
	<p>Fir zu engem System zrëckzefannen, wou den Enseignant am Lycée an aller Reegel e Fonctionnaire ass, wäert d'DP den Examen Concours reforméieren. Des weidere wäerte fair Méiglechkeete fir déi aktuell Chargés de Cours bestoen, fir iwwer den Examen Concours, resp no enger Zäit duerch eng Epreuve zur Fonktionariséierung ze kommen.</p>
	<p>Déi gréng setze sech säit laange Jore fir eng Stärkung vun der ëffentlecher Schoul a géint eng Privatiséierung an. Fir eis ass et evident, dass zu enger staarker ëffentlecher Schoul och zefridden a gutt ausgebilt Fonctionnaire gehéieren. Vu d'Penurie ass et awer sécher onméiglech, fir nëmmen ënnert dem Statut vum Fonctionnaire ze rekrutéieren. Mir wëllen eis awer dofir asetzen, fir do wou et méiglech ass e Maximum u Leit ënnert dem Statut anzustellen, a striewen och Verbesserungge bei der Fonctionariséierung vu Chargés de cours un, déi scho laang Schoul halen. Mat Bléck op déi ëffentlech international Schoule wëlle mir eis dofir asetzen, dass d'Qualikatiounsufuerderungen an d'Aarbechtskonditioune vum Léierpersonal zwee vun de Schwéierpunkte vun der onofhängeger Evaluatioun vun dësem neie Schoulmodell ginn. Och wa mir eng Moderniséierung vum Sproochenunterricht wëllen errechen, däerf dat awer net op Käschte vun de Konditioune goen, an deenen Enseignantë schaffen.</p>
	<p>Jo.</p>
	<p>Jo.</p>
	<p>Jo, Zil muss sinn, datt an Zukunft am Lycée Professere schaffen, déi Staatsbeamte sinn an déi déi dräi administrativ Sproochen op héjem Niveau beherrschen.</p>
	<p>Jo.</p>
	<p>Jo.</p>

## Fro 20: Ënnerstëtzung bei Amenagementer

**Ëmmer méi Schüler kréien opgrond vu spezifeschen edukative Besoine e sougenannten „Aménagement raisonnable“ accordéiert. Den Enseignant am Secondaire ass aktuell mat der Ëmsetzung vun deene verschiddenen Amenagementer op sech eleng gestallt, wat eng grouss Belaaschtung duerstellt, an dat ouni Géigeleeschtung.**

**Wéi gedenkt Dir, dëse Problem ze léisen?**

	<p>Fir d'LSAP ass et eng Prioritéit an de Schoulen an de Lycéeën méi personnell Ressourcen zur Verfügung ze stellen, fir proaktiv a reaktiv d'Enseignanten kënnen ze ënnerstëtzen. Wann en Enseignant bei der Ëmsetzung vun engem Aménagement raisonnable Ënnerstëtzung brauch, soll en op sozio-edukatiivt Personal zeréckgräife kënnen.</p>
	<p>Mat dem Gesetz iwwert d'schoulesch Inclusioun an d'Wuelbefanne vun de Schüler an de Lycéeën huet d'Chamber virun en puer Wochen en Gesetz gestëmmt mat deem d'CAR (Commission d'Aménagements Raisonables) reforméiert wäert ginn, an d'Prozedure ronderëm d'schoulesch Inclusioun weider detailléiert ginn. Doriwwer eraus gëtt d'ESEB mat dësem Gesetz am Secondaire gestärkt a wäert an deene kommende Joren och weider personnell ausgebaut ginn.</p>
	<p>Fir déi gréng ass d'Inclusioun eng fundamental Aufgab vun eiser ganzer Gesellschaft an domat natierlech vun der Schoul. Nëmme wa si geléngt kann all Kand säi Recht op eng gutt Bildung erfëllt kréien. Fir dass d'Inclusioun ka funktionéieren ass et awer evident, dass d'Enseignanten déi néideg Moyenen müssen un d'Hand kréien. Dëst betrëfft engersäits d'Aus- a Weiterbildung, wou déi lescht Jore schonn Efforten ënnerholl goufen, rezent z.B. mat der Schafung vun engem neie Master-Studiegang op der Uni Lëtzebuerg. Och an de Lycéeën hu mir an der Chamber nach rezent e Gesetz matgestëmmt, wat d'Ariichtung vun engem ESEB-Service an all Lycée an och d'Schafung vum A-EBS-Poste virgesäit. Dëst si fir eis Schrëtt an déi richteg Richtung, déi mir nach wëllen ausbauen, andeems mir déi bestoend Hëllef méi no an d'Schoule respektiv an d'Klasse bréngen. Sou kéinten och d'Kompetenzzentren entlaascht an d'Delaie fir d'Diagnostik an d'Prise en charge verkierzt ginn. Zesumme mat enger administrativer Vereinfachung a Beschleunegung vun de Prozeduren kann d'Léierpersonal bei der wichteger Aufgab vu der Inclusioun mat dëse Mëttele substantiell ënnerstëtzt ginn.</p>
	<p>Et muss séchergestallt ginn, dass d'“Equipes de soutien des élèves à besoins éducatifs spécifiques” (ESEB) an de Lycéeën genuch Personal zur Verfügung hunn, fir op all betrafte Schüler kënnen anzegoen.</p> <p>Als CSV schwätze mir eis doriwwer eraus fir eng verstärkten Zesummenaarbecht mat de Kompetenzzentren aus – an deene Fäll, wou et Sënn mécht.</p>
	<p>Et ass eigentlech erstaunlech dass d'Proffen op sech selwer gestallt sinn trotz de sëllege Servicer déi et mëttlerweil am Beräich vun der Education pour élèves à besoin spécifiques gëtt. Mir sinn dofir dass des Ressourcen am Lycée agesat ginn, wou de Proff direkt kann ënnerstëtzt gi vu spezialiséierten Enseignant'en.</p>
	<p>D'Heterogenitéit an de Klassen ass eng ëmmer méi grouss Erausfuerderung, déi den Unterrecht méi schwierig mécht.</p> <p>Mir si prinzipiell dovun iwwerzeegt, datt all Erzéier, all Léierpersoun, all Professor eng iwwerschaubar Zuel vu Kanner a Jugendleche soll uvertraut kréien, fir datt hie beschtméiglech op déi spezifesch Bedierfnesser vun de Kanner agoe kann. Am Enseignement</p>

	<p>Secondaire maachen déi héich Klasseneffektiver vu 25 bis 30 Schüler pro Klass an d' "aménagements raisonnables" dat ëmmer méi schwéier.</p> <p>Et ass oft net nozevollzéien, firwat deen ee Schüler en "aménagement raisonnable" kritt an een aneren net. An der Praxis ass et schwéier ëmzesetzen, et entsti grouss Ongerechtegkeeten an der Klass an d'Prüfungen an Zensure sinn net méi vergläichbar.</p> <p>Speziell Amenagementer mussen och Grenzen hunn, soss maache mir an Zukunft fir all eenzele Schüler eng eege Klass mat eenzelem Unterrecht, ausserdeem hu mir schonn net genuch Léierpersonal.</p> <p>Kompetenzzentre fir Kanner mat Léierschwächten, Héichbegabung a mat Verhalensopfällegkeete kéinten hei ausgebaut ginn.</p>
	<p>Déi lescht Joren hu gewisen, dass de Projet vun der "assistance à l'inclusion dans l'emploi" manner Succès hat wéi erwaart. Während dëse Projet natierlech weider ugedriwwe sollt ginn, kéint en Deel vun den ongenotzte personellen a finanzielle Ressource genotzt ginn, fir eng assistance à l'inclusion an der Klass ze lancéieren an dono mat eegene Ressourcen auszebauen.</p>
	<p>Cf. 10 Unzuel vun den Amenagementer reduzéieren.</p>

## Fro 21: Affektatiouns- bzw. Mutatiounsprozedur

**Sidd dir dofir, dass d'Employéen no hirer Periode d'initiation och sollen un der Affektatiouns- bzw. Mutatiounsprozedur deelhuefen, genee ewéi och d'Fonctionnairen, woubäi dës awer Prioritéit beim Besetze vun de Poste solle kréien, esou wéi d'FÉDUSE/Enseignement-CGFP dat fuerdert?**

	<p>D'LSAP ass der Meenung, dass och d'Employéen vun enger Mobilitéit solle profitiere kënnen, a si ass och bereet fir iwwert Prioritéiten ze diskutieren, grad esou wéi iwwert d'Modalitéiten vun der Mutatiounsprozedur.</p>
	<p>D'DP wäert sech mat der FEDUSE zesumme setze fir sech iwwert déi aktuell Affektatiouns- a Mutatiounsprozeduren auszetauschen.</p>
	<p>Och dëst gehéiert eiser Usicht no zu de Froen, déi am Kader vum Sozialdialog musse gekläert ginn. Mir engagieren eis, fir eis an dësem Kader fir eng gerecht Léisung anzusetzen.</p>
	<p>Jo, mee d'Mutatiounsprozedur muss eng Kéier an hierer Integralitéit op de Leescht geholl ginn.</p>
<p>déi Lénk</p>	<p>Mir ënnerstëtzen dat.</p>
	<p>Jo. Bei der Mutatiounsprozedur solle Postes à profil ofgeschaf ginn an erëm d'Anciennetéit vum Professor ganz zielen.</p>
	<p>Jo.</p>
	<p>Mir ënnerstëtzen d'Fuerderung vun der FEDUSE.</p>

## Fro 22: Sproochentester

**Aktuell gëtt et beim Rekrutement am Kader vun de Sproochentester fir Employéeën/Chargéë keng Differenzéierung tëscht deenen eenzele Fächer, Schoulsystemer a Karriären.**









**Ass Är Partei dozou bereet, eng kloer novollzéibar an differenziéiert legal Basis anzeféieren, déi och fir d'Personal aus deenen internationalen an europäesche Schoule matgëllt?**

	<p>Fir d'LSAP ass e legale Kader noutwendeg, deen all Karriären, Schoulsystemer, a Fächer ofdeckt.</p>
	<p>Den aktuelle gesetzleche Kader fir d'Astelle vun Enseignanten ënnert dem Statut vum Fonctionnaire an Employé ass kloer an huet sech an der Vergaangenheet als zoutreffend erweisen. D'DP huet net wëlles, dëse Kader ze adaptéieren.</p>
	<p>Wéi scho bei anere Froe gesot, wëlle mir bei der néideger Evaluatioun vun den internationalen öffentleche Schoulen d'Fro vun de Qualifikatiounen a Kompetenze vum Léierpersonal als ee vun de prioritäre Aspekter behandele loossen. Op der Basis si mir gäre bereet, fir am Kader vun engem Bildungsdësch a vum Sozialdialog iwwert e Gesetz ze diskutéieren, wéi Dir et uschwätzt. Gläichzäiteg ass et fir eis evident, dass de Rekrutement muss an enger Dimensioun méiglech bleiwen, déi et erlaabt, fir d'Besoinen vun de Schoulen ze couvréieren. Nëmme sou kënne mir de Kanner hier Recht op Bildung garantéieren.</p>
	<p>Jo.</p>
	<p>Jo.</p>
	<p>Grondsätzlech mussen Leit, déi beim Lëtzebuurger Staat schaffen, och déi 3 administrativ Sproochen beherrschen, esou wéi dat ëmmer war.</p>
	<p>Jo.</p>
	<p>Jo.</p>

## Fro 23: Aarbechtsmaterial

*Stand haut sinn d'Enseignanten aus dem Secondaire déi eenzeg Agenten aus der gesamter Fonction publique, déi hiert Aarbechtsmaterial (Schoulbicher, digital oder analog) selwer bezuele mussen.*






*Sidd Dir bereet, dëst ze änneren?*

	<p>D'LSAP ass bereet fir iwwert déi aktuell Offer vu gratis Ressourcen fir d'Enseignanten wéi zB den iPad-Program IT for teachers, gratis Accès zu Online Ressourcen etc ze diskutéieren.</p>
	<p>D'Situatioun vun dem Personal aus der Educatioun ass schwéier vergläichbar, mat där vun anere Verwaltungen, wann et ëm d'Material geet, dat ee fir d'Aarbecht brauch. D'DP huet awer zum Beispill verulasst, dass all Member vum Enseignement iwwer de CGIE gratis Applikatiounen zur Verfügung gestallt kritt, déi och privat benotzt kënnen ginn. Esou huet z.B. all Enseignant en Recht op fënnf Office 365 Lizenzen, wat engem Géigewäert vu ca. 300 EUR am Joer ausmécht. En Avantage, deen aner Agente beim Staat net hunn.</p>
	<p>Jo.</p>
	<p>Jo.</p>
	<p>Jo.</p>
	<p>Dat kéint ee fir d'Schoulbicher maachen.</p>
	<p>Schoulbicher sollten den Enseignante an digitaler Form käschtefräi zur Verfügung stoen.</p>
	<p>Jo.</p>

## Fro 24: Moralesch Unerkennung

*Bis virun de leschte Walen huet de Lëtzebuerger Staat de laangjäregen Déngscht vu senge Beamten och duerch d'regelméisseg Attributioun vu progressive Grade vum Ordre de la couronne de chêne a vum Ordre du mérite gewierdegt. Dëst war eng moralesch Unerkennung fir dëse Leit hiren treien Déngscht, déi de Staat weder materiell nach finanziell belaauscht huet. Dës Form vun Unerkennung gouf awer plötzlech an ouni Nout esou wäit reduzéiert, dass se praktesch inexistent ginn ass.*

*Sitt Dir bereet, de System vu virun 2017 erëm z'applizéieren, fir esou d'Wierdege vun der Aarbecht vun den Agenten och symbolesch erëm méi siichtbar ze maachen?*

	<p>D'LSAP ass net géint eng Wierdegung vun der Aarbecht vun de Beamten duerch d'Verdeele vu Medaillen. Mir sin awer och der Meenung, datt et nach aaner Wéer gëtt, fir di wertvoll Arbecht vun allen Acteuren am Bildungswiesen an der Ëffentlechkeet ze wierdegen.</p>
	<p>Selbstverständlech soll all Agent vum Staat déi moralesch Unerkennung kréien, déi him zousteet.</p>
	<p>Vu, dass mir an de vergaangene Jore weder am Staatsministère nach am Ministère vum ëffentlechen Déngscht fiederféierend waren, kenne mir d'Hannergrënn vun dësem Changement net am leschten Detail. Mir sinn awer grondsätzlech prett, fir iwwert e Retour zum fréiere System ze diskutéieren.</p>
	<p>Jo.</p>
	<p>Mir hu keng Positioun dozou.</p>
	<p>Jo! (Mir benotze léiwer dat Wuert "Beamten" ewéi "Agenten".)</p>
	<p>D'Piraten ënnerstëtzen d'Iddi, nees eng symbolesch Wierdegung vum Beruff anzeféieren. Aplaz vun enger Wierdegung duerch e Symbol vum Haus vum Grand-Duc, géifen d'Piraten awer eng Éierungszeremonie vu Säite vum Ministère virzéien.</p>
	<p>Jo.</p>